# INDEX (CHRONOLOGESCH):

| | | |
|---|---|---|
| **1.** | **Dat ass mäi Vademecum:** | **9** |
| **2.** | **D´Déieren aus dem Dschungel** | **10** |
| **3.** | **Dem Mowgli seng Bridder** | **15** |
| **4.** | **Tenderfoot** | **19** |
| | Wëllefchersdevise | 19 |
| | Wëllefchersgesetz | 20 |
| | De Grouss | 23 |
| | D´lénks Patt | 24 |
| | Deng Uniform | 25 |
| | Dem Wëllefche seng 5 Saachen | 26 |
| | D'Meute | 27 |
| | De Cahier de Meute | 27 |
| | D'Bonne Meute | 27 |
| | Deng Sixaine | 28 |
| | Wat huelen ech mat wann ech mat der Meute ennerwee sinn? | 29 |
| | Scoutsaktivitéiten | 32 |
| | Dschungelparad | 33 |
| | Great Howl | 36 |
| | D´Badger | 38 |
| **5.** | **Verspriechen** | **40** |
| | Wëllefchersverspriechen | 40 |
| | Mât de meute | 41 |
| | Meeschtersspréch | 43 |
| **6.** | **Dem Kaa seng Juegt** | **44** |
| **7.** | **Scoutisem** | **46** |
| | Internationalen Scoutisem | 48 |
| | Scoutisem zu Lëtzebuerg | 49 |
| | D´Ofzeeche vun der FNEL: | 51 |
| | Devise | 53 |

| | | |
|---|---|---|
| | **E Scout ass oppe fir jiddereen** | **53** |
| **8.** | **Dem Kinnek säin Ankus** | **54** |
| **9.** | **Sozialt Engagement** | **56** |
| | **Joker Badge** | **56** |
| | **Handkesselchen** | **56** |
| | B.A. | 57 |
| | **Eischt Hëllef** | **58** |
| **10.** | **Rout Hënn** | **66** |
| **11.** | **Ëmwelt a Natur** | **68** |
| | **Naturfrënd** | **68** |
| | Déieren | 69 |
| | Villercher | 74 |
| | Vullen am Wanter | 78 |
| | Beem | 79 |
| | Blummen | 82 |
| | Spueren | 84 |
| | Natur | 86 |
| | Ëmwelt | 86 |
| | **Survival** | **90** |
| | D'Wieder | 91 |
| | Kniet | 92 |
| **12.** | **Rout Blumm** | **96** |
| **13.** | **Zesumme liewen** | **98** |
| | **Kachen** | **98** |
| | Hygiène | 99 |
| | Feier maachen | 99 |
| | Kachen um Feier | 101 |
| | Iessen vun hei an aus der Welt | 102 |
| | fir eng besser Welt | 102 |
| | Rezepter | 103 |
| | **International** | **107** |





| | | |
|---|---|---|
| | ONGD Sensi Badge | 108 |
| | **Fair Spiller** | **109** |
| **14.** | **Kommunikatioun** | **110** |
| | **Kënschtler** | **110** |
| | Lidder | 111 |
| | **Animateur** | **120** |
| | **Reporter** | **121** |
| | Geheimschrëften | 122 |
| | **Sammeler** | **128** |
| **15.** | **Scoutstechniken** | **129** |
| | **Sportler** | **129** |
| | Gewässer | 132 |
| | Sécherheet | 132 |
| | Schëlder / Code de la route | 133 |
| | **Guide** | **134** |
| | Deng Stad / däin Duerf | 135 |
| | Zuch- oder Busplang | 138 |
| | Verhalen op der Strooss | 139 |
| | Signe-de-piste | 139 |
| | Kaarte liesen | 142 |
| | Lëtzebuerg | 144 |
| | Europa | 145 |
| | Orientatioun | 147 |
| | **Knëschler** | **149** |
| | Handwierkskëscht | 151 |
| **16.** | **Aner Badger vun der WOSM déi s du mat denger Meute maache kanns** | **152** |
| **17.** | **Feiler** | **154** |
| | **Bronze Feil** | **155** |
| | **Sëlwer Feil** | **156** |
| | **Gëllene Feil** | **157** |
| **18.** | **Leaping Wolf** | **158** |

**19. Tiger, Tiger 159**
**20. Meng Progressioun 161**
**21. Meng Badger 161**
**21. Meng Badger 162**
**22. Meng Montée: 163**
**23. Meng Camp'en: 164**
**24. Rapport & extra Momenter 165**
**25. Scouten a Guiden 166**

## INDEX (Alphabetesch):

**Aner Badger vun der WOSM déi s du mat denger Meute maache kanns 152**
**Animateur 120**
B.A. 57
Beem 79
Blummen 82
**Bronze Feil 155**
**D'Bonne Meute 27**
**D'Meute 27**
D'Wieder 91
**D´Badger 38**
**D´Déieren aus dem Dschungel 10**
**D´lénks Patt 24**
**D´Ofzeeche vun der FNEL: 51**
**Dat ass mäi Vademecum: 9**
**De Cahier de Meute 27**
**De Grouss 23**
Déieren 69
**Dem Kaa seng Juegt 44**
**Dem Kinnek säin Ankus 54**
**Dem Mowgli seng Bridder 15**
**Dem Wëllefche seng 5 Saachen 26**
**Deng Sixaine 28**
Deng Stad / däin Duerf 135
**Deng Uniform 25**
**Devise 53**
**Dschungelparad 33**
**E Scout ass oppe fir jiddereen 53**
**Eischt Hëllef 58**
Ëmwelt 86
**Ëmwelt a Natur 68**
Europa 145
**Fair Spiller 109**
Feier maachen 99
**Feiler 154**
Geheimschrëften 122
**Gëllene Feil 157**
Gewässer 132
**Great Howl 36**
**Guide 134**
**Handkesselchen 56**
Handwierkskëscht 151
Hygiène 99
Iessen vun hei an aus der Welt fir eng besser Welt 102
**International 107**
**Internationalen Scoutisem 48**

| | |
|---|---|
| **Joker Badge** | **56** |
| Kaarte liesen | 142 |
| **Kachen** | **98** |
| Kachen um Feier | 101 |
| **Kënschtler** | **110** |
| **Knëschler** | **149** |
| Kniet | 92 |
| **Kommunikatioun** | **110** |
| **Leaping Wolf** | **158** |
| Lëtzebuerg | 144 |
| Lidder | 111 |
| **Mât de meute** | **41** |
| **Meeschtersprëch** | **43** |
| **Meng Badger** | **161** |
| **Meng Badger** | **162** |
| **Meng Camp'en:** | **164** |
| **Meng Montée:** | **163** |
| **Meng Progressioun** | **161** |
| Natur | 86 |
| **Naturfrënd** | **68** |
| ONGD Sensi Badge | 108 |
| Orientatioun | 147 |
| **Rapport & extra Momenter** | **165** |
| **Reporter** | **121** |
| Rezepter | 103 |
| **Rout Blumm** | **96** |
| **Rout Hënn** | **66** |
| **Sammeler** | **128** |
| Schëlder / Code de la route | 133 |
| **Scouten a Guiden** | **166** |
| **Scoutisem** | **46** |
| **Scoutisem zu Lëtzebuerg** | **49** |





| | |
|---|---|
| **Scoutsaktivitéiten** | **32** |
| **Scoutstechniken** | **129** |
| Sécherheet | 132 |
| **Sëlwer Feil** | **156** |
| Signe-de-piste | 139 |
| **Sozialt Engagement** | **56** |
| **Sportler** | **129** |
| Spueren | 84 |
| **Survival** | **90** |
| **Tenderfoot** | **19** |
| **Tiger, Tiger** | **159** |
| Verhalen op der Strooss | 139 |
| **Verspriechen** | **40** |
| Villercher | 74 |
| Vullen am Wanter | 78 |
| **Wat huelen ech mat wann ech mat der Meute ennerwee sinn?** | **29** |
| **Wëllefchersdevise** | **19** |
| **Wëllefchersgesetz** | **20** |
| **Wëllefchersverspriechen** | **40** |
| **Zesumme liewen** | **98** |
| Zuch- oder Busplang | 138 |

# Vademecum

Suricate trépident (Lea Bonblet) an d'Nala coriace (Laure Elsen), hunn de Vademecum 2012-2014 komplett iwwerschafft. Zeechnungen si vum Mungo enigmatique (Ben Stuttor).

E grousse Merci un si fir di fantastesch Aarbecht déi si geleescht hunn.

2022 goufe verschidde Kapitel nom Vott 2021 vum Zesumme Wuessen ugepasst.

Merci un Jiddereen aus der Ekipp deen hei matgehollef huet dëst Buch nei unzepassen.

Mir wënschen iech vill Spaass mat dëser neier Versioun vum Vademecum an hoffen, datt en iech um Wee duerch den Dschungel steets eng Hëllef ass.

**Lénks Patt a gutt Juegd!**
Är Wëllefchersekipp



# 1. Dat ass mäi Vademecum:

Mäin Numm: ...................

Mäi Virnumm: ...................

Meng Adress: ...................

...................

Meng Telefonsnummer: ...................

Meng E-Mail: ...................

Mäi Gebuertsdatum: ...................

Ech gehéieren zur Meute vun den: ...................

Meng éischt Reunioun war den: ...................

Mäi Verspriechen war den: ...................

zu: ...................

Meng Cheffe sinn: ...................

Meng Sixaine: ...................

...................

...................

## 2. D´Déieren aus dem Dschungel



**Akela:**
de Chef vun de Wëllef



**Raschka:**
d´Wollefsmamm



**Baloo:**
de Léiermeeschter
aus dem Dschungel



**Bagheera:**
de schwaarze Panther, hie léiert de Mowgli
op d'Juegt ze goen



**Tabaki:**
de Schakal, hien ass d´Wäschfra aus dem Dschungel,
d´Wëllef gesinn hien als dem Shere-kahn säi Spioun
a mësstrauen him





**Tchil:**
de Geier, hien huet en A
op alles wat am Dschungel
geschitt




**Shere-Khan:**
den Tiger, deen hippt,
hien ass den déckste Feind
vum Mowgli an ëmmer alleng



**Kaa:**
déi grouss a staark Schlaang virun där all Déier Respekt huet



**Bandar-Logen:**
geschwätzegt Afevollek,
dat keng Regelen a Gesetzer kennt





## 3. Dem Mowgli seng Bridder




Et war Owend am indeschen Dschungel.
Déif am Bësch hat een Holzfäller sech mat senger Fra a sengem klenge Bouf ronderëm d´Feier niddergeluecht fir ze schlofen. Si ware grad amgaang mat schlofen, du koum de Shere-Khan, den Tiger, ugeschlach.

Wéi den Tiger d´Mënsche gesinn huet, ass d´Waasser him am Mond zesummegelaf. Hie mëscht e Saz, huet awer säin Zil verfeelt, an ass an d´Flame gefall. En huet gehurelt vu Péng, a Papp a Mamm hu sech séier ewechgemach. Un dee klenge Jong hu si net méi geduecht.

De Bouf, dee knapps lafe konnt, ass op alle Véieren duerch den Dschungel gekroch, esou gutt wéi et gaangen ass.



Op séngem Wee huet hien de Wollefspapp begéint. Deen hat säi Spaass un dem klenge Bouf, huet en tëschent d´Zänn geholl a bei d´Raschka, d´Wollefsmann, an d´Hiel gedroen.

D´Rakscha an déi kléng Wëllef hate souvill Freed un dem Mënschejong, datt si hien dogehalen hunn. A well seng Haut esou glat war, ass hien „Mowgli", wat esouvill wéi „plakege Fräsch" heescht, genannt ginn.

Gläich drop war awer och schonn de Shere-Khan do an huet sech de klenge Mënsch erëmgefrot.



Mä ëmsoss!

Den Tiger huet dunn alles versicht, fir datt de Mowgli net soll an de Ruddel bei d´Wëllef opgeholl ginn.
Wéi bei Vollmound den Akela mat all senge Wëllef ronderëm de Rootsfiels versammelt waren, gouf beroden, op de Mowgli am Ruddel bleiwen dierft.

De Baloo, de Bier, de Léiermeeschter vum Dschungel, deen, obwuel hie kee Wollef war, eng Stëmm am Ruddel hat, huet fir de Mowgli geschwat a versprach, hien alles ze léieren, wat hien am Dschungel bräicht. De Bagheera huet dem Ruddel de Büffel versprach, deen hie moies erluecht hat.

Domat waren d´Wëllef zefridden an de Mowgli konnt am Ruddel bleiwen.

Sou ass hien an der Meute grouss ginn. Besser Léiermeeschtere wéi de Baloo an de Bagheera konnt hien net fannen, a geschwë war hien dee Gescheitesten an dee Stäerksten am ganze Ruddel.






## 4. Tenderfoot

Um Wee durch den Dschungel ass deng éischt Etapp den Tenderfoot. Dëst ass en englescht Wuert a bedeit „mëll Patt". Hei léiers du di éischt wichteg Saachen, fir dech am Dschungel erëm ze fannen. Di grouss Wëllef an deng Cheffen hëllefen dir dobäi.

1 Ech ka mäi Numm a meng Adress schreiwen
2 Ech kennen d'Wëllefchersgesetz an d'Devise
3 Ech wees, wéi de Wëllefche gréisst
4 Ech wees, wéi meng Sixaine heescht a kennen hire Kreesch an d'Dschungelparad.
5 Ech hunn eng tipptopp Uniform a passen op se op
6 Ech kennen dem Wëllefchen seng 5 Saachen an hu se ëmmer bei mir

**Wëllefchersdevise**
D´Idee (Devise), no där d´Wëllefcher liewen:

***Mir dinn eist Bescht.***

Du solls probéieren, iwwerall däi Bescht ze man, doheem, dobaussen an der Schoul, an der Famill, bei denge Frënn. Hues du eng Idee, wat däi Bescht ka sinn?

........................................................................

........................................................................

**Wëllefchersgesetz**

Esou wéi d´Wëllef am Dschungel hunn och mir ee Gesetz, un dat mir eis halen:

*E Wëllefche lauschtert op deen ale Wollef*





*E Wëllefche mécht d´Aen op a spëtzt d´Oueren*



*E Wëllefchen ass propper a seet d´Wourecht*



*E Wëllefchen*
*ass e gudde Komerod*



*E Wëllefchen hëlleft wéi a wou hie kann*





**De Grouss**

Wéi gréisst e Wëllefchen?
Dëst ass de Geste, dee mir maachen, wa mir offiziell Moie soen, wann d´Heemecht gespillt oder gesonge gëtt, beim Verspriechen, wa mir M.E.R.C.I. soen oder e Badge kréien, asw.

Wa mir mat eiser rietser Hand uschloen, da stellen eis zwee Fangeren d´Oueren vum Wëllefchen dur, an och déi zwee Punkten déi s du am Wëllefchersversprieche verspréchs.




Den Daum passt als Groussen op déi Kleng op.
Dobäi forme mer e Krees tëschent deene klenge Fangeren an dem Daum. Dëse Krees steet fir de Krees vun der Fréndschaft, de grousse Bridderbond vun de Scouten.

## D´lénks Patt

Wann d´Scouten op der ganzer Welt sech d´Hand ginn, gi si sech déi lénks Hand.

Dëst huet eng Bedéitung: wou se Schëlder a Speeren haten, do war et een Zeechen vu groussem Vertrauen, wann een deem aneren déi lénks Hand gereecht huet. Dann huet nämlech all Zaldot säi Schëld niddergeluecht, dat hien an där lénkser Hand gedroen huet an hat da kee Schutz méi virun deem aneren.

Dofir reeche mir eis och haut nach all déi lénks Hand als Zeeche vu géigesäitegem Vertrauen a Fréndschaft.





## Deng Uniform

Esou wéi all d´Scoute vun der Welt hunn och mir eng Uniform, dës ass fir all Scouten aus der FNEL déi selwecht. Kuck mol gutt wéi se ausgesäit!

D´Uniform an de Foulard weisen, datt s du zu de Scoute gehéiers, vu wou s du bass an zu wéi engem Grupp a wéi enger Branche s du gehéiers.

Pass drop op
a sief frou se unzedoen!

*De Foulard*
*kanns du an de Faarwe*
*vun dengem Grupp*
*faarweg molen.*



## Dem Wëllefche seng 5 Saachen

Ee gudde Wëllefchen huet seng 5 Saachen ëmmer dobäi:






## D'Meute

D'Wëllefcher lierwen an der Meute. Eng Meute as en Rudel vun Wëllef, dei zesummen wéi eng Famill sin. D'Meute as emmer nemmen sou stark wéi deen schwächsten Wëllefchen, dofir haal deng Meute zesummen, schaff zesummen, eleft ierch gegenseiteg an passt openaner op.

Deng Meute as wéi d'Rudel vun den Sioniwellef bei deenen den Mowgli opwiest an hält sech un d'Gesetzer aus dem Dschungel. Sou wéi et am Dschungel aal Wëllef gin, hues du Cheffen, die dir deen richtegen Wee weisen.

## De Cahier de Meute

Am Laf vum Joer kann deng Meute ee Classeur (eng Këscht, Powerpoint, Video, etc.) uleeën, wou alles, wat si erlieft huet dra kënnt. Heiranner kommen a Form vu Fotoen, Biller a Rapport'en är Aktivitéiten, Camp'en Sortie'en déi dir am Laf vum Joer gemaach hutt. Och du kanns heizou bäidroen. Dës Dokumentatioune fënns du normalerweis an dengem Home an déi ass och no Joren nach eng flott Erënnerung un deng Zäit als Wëllefchen.

## D'Bonne Meute

D'Bonne Meute ass eng Auszeechnung, déi d'Wëllefcher sech als Meute zesumme verdéngen. Dës kënnt dir kréien, wann dir am Cahier de Meute, egal a wéi engem Format, äert Wëllefchersjoer all zesumme virgestallt hutt. Um Schluss vum Scoutsjoer gëtt dës Auszeechnung um Pow-Wow verdeelt

## Deng Sixaine

Fir datt s du dech an denger Meute net verléiers, bass du mat e puer anere Wëllef an enger Sixaine. Fir iech an der Meute ze erkennen ze ginn, huet all Sixaine en Numm an e Kreesch, deen dozou passt.
Wann de Sixer den Numm vun der Sixaine rifft, äntwerten d´Wëllef mam Kreesch.
Zum Beispill: ***Déi Rout – hëllefen an der Nout!***

De ***Sixer*** ass e Wëllefchen, dee méi lang dobäi ass an doduerch wees wéi et geet. Hien hëlleft deenen anere Wëllef aus senger Sixaine an iwwerhëlt och schonn emol Verantwortung fir säi klenge Grupp.

De ***Second*** hëlleft dem Sixer d´Sixaine ze leeden a vertrëtt hien, wann hien emol net do sollt sinn.

Un der Uniform erkennt een e Sixer oder Second un enger oder zwou giele Sträifen, déi op de lénken Aarm vum Uniformshiem gebitzt gëtt.
Wéi am Dschungel huet och héi jidderee seng Roll an der Meute.




## Wat huelen ech mat wann ech mat der Meute ennerwee sinn?

**Versammlung:**

- ☐ Foulard
- ☐ Dem Wëllefche seng 5 Saachen
- ☐ Dem Wieder ugepasste Kleeder déi dirfe knaschteg ginn
- ☐ E Bidon Waasser








Bass du méi laang mat de Wëllefcher ënnerwee, um Weekend oder um Camp, da gët de Rucksak gepak. Dat mëss du am beschte selwer oder hëllef op mannst dengen Elteren dobäi, fir datt s de och alles dran erëm fënns.

**Camp:**
Zeechen ***ALL*** deng Saachen mat dengem Numm, sou dass de se emmer gutt kanns remfannen!

- ☐ Tip Top Uniform an Foulard
- ☐ Dem Wieder ugepasste Kleeder déi dirfe knaschteg ginn, fir ze wiesselen, je nodem wéi langs de fort bass
- ☐ Ennerwäsch an Strëmp
- ☐ Deck Schong
- ☐ Schlappen
- ☐ Schlofsak (a Carry-Matt)
- ☐ Petzi
- ☐ Pyjama
- ☐ Wäschgeschir
- ☐ Täscheluut
- ☐ Gamelle, Bescher, Besteck, Kichenduch an engem Säckelchen
- ☐ Ee klengen Dagesrucksack
- ☐ Dem Wëllefche seng 5 Saachen
- ☐ E Bidon mat Waasser
- ☐ An déi Saachen, déi deng Cheffen dir soen oder op de Bréiw schreiwen

## Scoutsaktivitéiten

**Explo**
Zesummentreffe vun enger Branche vun der FNEL

**Hike**
Aktivitéit, wou een eng gewëssen Distanz ofgeet

**Jota**
Jamboree-On-The-Air, Weekend am Oktober, wou all d´Scouten zesumme funken

**Joti**
Jamboree-On-The-Internet

**Pow-Wow**
Joresoofschloss vun alle Gruppen vun der FNEL (Juli)

**Sixplo**
Aktivitéit just fir Sixeren (1 Dag oder Week-end)

**Montée**
All Scout mëscht wärend senger Scoutscarrière eng Montée vun enger Branche an di aner. Hei seet ee senger aller Branche Äddi a gëtt a senger Neier opgeholl

**Camp**
En Camp ass en organiséierte Weekend oder Woch wou dir, zesumme mat ärer Meute, schlooft an vill flott Saachen zesummen erlieft

**Veillée/Sketch/Show**
Eng Veillée ass e kreativen Owend mat vill Spill a Spaass. Hei e puer Iddien a Méiglechkeeten: Talentshow, Quiz, Sketchowend, Theater, Karaoke, eng Museksshow mat improviséierten Instrumenter...
Loosst ärer Kreativitéit fräie Laf.



## Dschungelparad




E Wëllefeche lauschtert op deen ale Wollef, dofir wann de Chef ***„Wëllef“*** rifft, äntwert dir alleguerten ***„Ya-huu“***. Dann ass et roueg, mir spëtzen d´Oueren a lauschteren dem Chef no.

Rifft de Chef ***„Wëllef, Wëllef“*** oder päift zweemol, dann kommen d´Wëllef beieneen. Kuck gutt, wat däi Chef fir een Zeeche mécht!

**Sixainen:**
Stellt iech an der Réi hannerteneen an ärer Sixaine virun äre Cheffen op, dobäi steet de Sixer vir an de Second hannen.
Stitt dir ALL do an uerdentlech an der Réi, maacht dir äre Kreesch fir dem Chef ze weisen, dass dir prett sidd.



**Krees:**
Stellt iech am Krees ronderëm äre Chef op.





**Carré:**
Stellt iech sixainesweis an e Quadrat, wou d´Cheffen eng Säit dovu bilden.



**Zwou Reien:**
Stellt iech virun de Chef an zwou Reien op.



## Great Howl

Wann de Chef ***„Wëllef, Wëllef, Wëllef"*** rifft, dann ass Great Howl. Domat fänke mir eis Versammlungen oder Aktivitéiten un.





Wann den Akela am Dschungel eppes Wichteges ze soen huet, versammelen d´Wëllef sech all ëm de Rootsfiels. Esou ass et och beim Great Howl, d´Wëllefcher komme gelaf a sëtze sech mat dem Chef an e Krees. Mir sëtzen eis an d´Hippercher, d´Knéien auserneen, mat zwee Fangere vun all Hand op de Buedem gestäipt.

Op en Zeeche vum Chef hi soen d´Wëllefcher dann all zesummen: ***„A-ke-la mir dinn eist Bescht".***
De Chef freet dann: ***„Äert Bescht, Bescht, Bescht?"***

An d´Wëllefcher äntwerten: ***„Jo, eist Bescht, Bescht, Bescht!"***

D´Wëllefcher sprangen op an halen d´Fanger ewéi Wollefsoueren un de Kapp.Da schloen d´Wëllefcher un a soen: ***„Jahu hua ha hatschi-chi hatschi-chi hua hua hua haaaaaa!"***

Opgepasst! Elo ginn d´Ouere gespëtzt a gelauschtert wat de Chef ze soen huet!

## D´Badger

E Badge kriss du als Auszeechnung, wann s du dir bei enger Saach besonnesch vill Méi ginn hues, Loscht has dech mat engem Thema auserneen ze setzen an eppes bäigeléiert hues. Fir ze weisen, wat's du an denger Zäit als Wëllefchen schonn alles bäigeleiert hues, kanns du deng Badger op de rietsen Aarm vun der Uniform bitzen.

Et ginn 15 verschidde Badger déi s du kanns maachen.

**Si sinn an dës 5 Kategorien opgedeelt :**

- Sozialt Engagement
- Ëmwelt a Natur
- Zesummeliewen
- Kommunikatioun
- Scoutstechniken

Wann's du méi iwwert dës Badgë wësse wëlls, fënns du si esou agedeelt am hënneschten Deel vum Vademecum Hei si Beispiller wat s du maache muss fir e Badge ze kréien. Dengem Chef ass awer och iwwerlooss selwer Aktivitéiten am Thema ze maachen.








# 5. Verspriechen




## Wëllefchersverspriechen

Elo gëss du vun deene grousse Wëllef an d'Meute opgeholl. Dofir verspréchs du:

***Ech verspriechen, mäi Bescht ze maachen fir ee gudde Wëllefchen ze ginn, an all Dag engem eng Freed ze maachen.***

D'Verspriechen ass net nëmmen ee Saz fir auswenneg ze léieren, du solls verstoen, wat dat Verspreche bedeit. E Verspriechen soll een anhalen a wann s du däi Verspreche virun der Meute mëss, dann zielen si op dech, datt s du däi Bescht mëss.



An dësem Moment kriss du och däi Foulard iwwerreecht, wann s du nach keen hues, als Zeechen, datt s du elo zur Meute gehéiers.

## Mât de meute



Esou wie d'Indianerstämm en Totem hunn, esou huet d'Meute, zu däer s du gehéiers, de Mât de meute. Hie stellt d'Kraaft vun der Meute duer.

U sengem Still, un deem uewen e Wollef sëtzt, ass eng Fränjel fir all Sixaine. Des Fränjele bedeiten, datt d'Sixainen all zesummen déi grouss Meute vun de Wëllefcher duers-tellen an all fest zesummen halen.

Wann ee Wëllefchen säin Tenderfood gemaach huet, kann hien e gëllenen Nol an de Still aklappen. Bei engem Vers-prieche kann hie fir all Wëllefchen ee weidert Band un de Mât de meute hänken (giel oder an enger Faarf, déi bei d´Sixaine passt). Fir all Badge deen e Wëllefche vun der Meute mécht, kann nach e Band, an der Faarf déi bei d´Sixaine passt, dobäigemaach ginn.

No all Joer mécht de Chef e Rank mat der Joreszuel ënnert de Bännercher fest, sou datt een d´Bännercher vun de verschiddene Joere kann auserneen halen.
All d'Wëllef halen de Mât de meute an Éiren a sinn houfreg drop, wa si hie mat op eng Aktivitéit huele kënnen.



## Meeschtersprëch

***Ech an du AN du an ech, mir si vum selwechte Blutt.***
Mat dësem Sproch huet de Mowgli sech am Dschungel ze erkenne ginn, all Déier wosst dann, datt hien zum fräie Vollek géif gehéieren a sech un d'Meeschtersprëch hält. Denk ëmmer drun, datt s du och zur grousser Scoutsfamill gehéiers.



***D'Stäerkt vum Trapp as de Wollef an d'Stärkt vum Wollef ass den Trapp.***
All d'Wëllefcher sinn op d'Meute ugewisen, d'Meute kann nëmme fonctionnéieren, wann all d'Wëllefcher hiert Bescht maachen an all zesumme schaffen. Halen d'Wëllefcher net all zesummen, da verléiert d'Meute hir Stäerkt.

## 6. Dem Kaa seng Juegt

Enges Daags, wéi de Baloo, de Bagheera an de Mowgli op der Mëttesrascht waren, ass de Mowgli vun de Bandar-logen, dem Afevollek, entfouert gin. De Mowgli huet scho mat hinne gespillt, mä datt si sou Schroer sinn, war him net bewosst.

Si hunn hie vu Bam zu Bam gerappt a gehäit, op eemol huet hien den Tchil, de Geier, an der Lut gesinn. Hien huet dem Tchil dunn zougeruff: ***„Ech an du, du an ech, mir si vum selwechte Blutt."***

Den Tchil huet direkt gewosst, datt de Mowgli zum Fräie Vollek gehéiere géing. De Mowgli huet hie gefrot, datt hie seng Spur am A behalen a senge Frënn Bescheed soe soll.

De Baloo an de Bagheera sinn dunn d´Kaa, d´Pythonschlaang, ëm Hëllef froe gaang. Si war de Bandar-logen hire gréisste Feind a souguer de Baloo an de Bagheera haten e bëssi Angscht virun hir. Zesumme si si an d´Ruinestad Cold Lairs gelaf, fir de Mowgli ze befreien.

D´Afen hunn de Mowgli an e Lach gehäit an de Baloo an de Bagheera, déi nach ganz ausser Otem ware vun deem laange Wee, ugegraff. D´Kaa huet dunn de Mowgli befreit, andeems si d´Afen hypnotiséiert huet.



Dës Geschicht ass dat beschte Beispill dofir, datt dir musst zesummen halen, well sou erreecht dir méi, wéi wa jidderee fir sech alleng schafft.
Du solls deene Schwaachen am Ruddel hëllefen, hinne weise wéi et besser geet a se och emol luewen, wa se eppes gutt gemaach hunn.

Esou wéi d´Kaa, de Baloo an de Bagheera sollen och d´Wëllefcher an der Meute zesummenhalen, well wéi de Meeschtersproch seet ***„D´Stäerkt vum Trapp ass de Wollef an d´Stäerkt vum Wollef ass den Trapp."***



# 7. Scoutisem



Wien huet eigentlech de Scoutissem gegrënnt?

De Grënner vum Scoutissem ass de ***LORD ROBERT BADEN-POWELL OF GILWELL*** och oft ***B.P.*** genannt.

Hie gouf den 22. Februar 1857 zu London gebuer an ass den 8. Januar 1941 am Kenia an Afrika gestuerwen.
Wéi souvill jonk Englänner fréier ass hien no der Schoul an d´Arméi gaangen, wou hien et bis zum Generol bruecht huet.



Als jonke Leutnant hat hie besonnesch a Südafrika d´Geleeënheet, mat de Leit vun do ze liewen a vill vun hinnen ze léieren. Sou huet hien och geléiert, Spueren ze liesen, sech un Déieren erunzeschläichen a se kennenzeléieren. Hien huet gesinnn, wéi ee mat deenen einfachste Mëttelen iwwerliewe kann.

All dëst huet hie seng jonk Zaldoten geléiert an dobäi gemierkt, datt och jonk Leit mat schwieregen Aufgabe fäerdeg ginn. D´Idee vum Scoutissem war gebuer.
Wéi de B.P. nees an England war, huet hien alles, wat hien an Afrika geléiert hat, niddergeschriwwen. All 14 Deeg huet hien dunn e klengt Heft ënnert dem Titel „Scouting for Boys“ erausginn.

All déi Kanner, déi dëst Heft gelies haten, wollten dunn och dat man wat do dra stung. De B.P. ass dunn aus der Arméi ausgetrueden, fir sech nëmmen nach em déi jonk Scouten ze këmmeren.

***1907*** huet dunn den éischte Scoutscamp mat 24 Jongen op der Insel Brownsea stattfonnt.

***1916*** um 16. Dezember, huet de B.P. d´Wëllefcher gegrënnt.

## Internationalen Scoutisem

Scouten bei eis an an der Welt

Net nëmmen bei eis am Land gëtt et Scouten, mä a bal all Land op der Welt. Zesumme si mer e vun de gréissten a wichtegste Jugendmouvementer an heeschen WOSM. Fir all dës Scoute besser organiséiren ze kënnen, si mer a 6 Gruppen, de Weltregiounen no, agedeelt.

Lëtzebuerg gehéiert zum europäeschen Deel a gëtt vu Bréissel aus organiséiert. Den Haaptbureau vum weltwäite Scoutissem ass awer zu Genève an der Schwäiz, vu wou aus all di wichteg Decisioune geholl ginn.

Fir datt déi Millioune vu Scouten d'Méiglechkeet hunn, sech ze gesinn, gëtt all 4 Joer e World Scout Jamboree an der Welt organiséiert. Dëst ass e grousse Camp mat Scouten aus der ganzer Welt.



## Scoutisem zu Lëtzebuerg

De Jospeh Tockert (1875 -1950), dee Prof am Kolléisch wor, huet senge Schüler d´Idee vum Scoutissem am Joer 1913 erklärt.

1914 gouf dës Idee konkret, wéi 40 Jongen am Schoulhaff vum deemolegen Athenée hiert Versprieche gemaach hun. Déi eischt ***FNELs-Grupp „Les Eclaireurs de l´Athenée“*** wor gegrënnt.

1920 ginn déi eischt Meuten gegrënnt an d´Zeitung ***„de Scout“*** kënnt fir d´éischt eraus.

Zu Lëtzebuerg ginn et säit 2011 nach zwee Verbänn: d´Lëtzebuerger Guiden a Scouten (LGS) an ***d´FNEL*** (Fédération des Eclaireurs et Eclaireuses du Luxembourg), déi sech mat der AGGL zesumme gedoen huet.

D´SIL ass den Daachverband vun de lëtzebuergesche Scoutsverbänn, dee ronn 8000 Memberen huet (2021). Hei schaffen d´FNEL an d´LGS zesummen.

LGS Zeechen:

Ass dat chrëschtlecht Scoutsmouvement zu Lëtzebuerg, fréier hu si vun der Pargemeng ofgehaang.
Hiert Zeeche setzt sech aus der Fleur de lys fir de Scoutissem, dem Kléiblaat vun de Guiden an dem Kräiz vum Chrëschtentum zesummen.

Aggl:

dëst war de Verband vun de laizistesche Guiden zu Lëtzebuerg. No an no sinn e ganze Koup Gruppe mat de Jongegruppen vun der FNEL fusionéiert an der FNEL bäigetrueden. Hiert Symbol ass wéi am Internationale Guideverband d´Kléiblat.



**D´Ofzeeche vun der FNEL:**

D´***Lilie***: ass d´Zeeche vun alle Scoute vun der Welt.
De ***Krees:*** ass d´Sonn, d´Quell vum Liewen, et ass awer och de Krees vun der Frëndschaft, d´Kette vun der Brid-derlechkeet.
D´***Hoaren*** stellen d´Kraaft duer a sinn op d´Indianerkultur zeréckzeféieren.
D´***Blat vum Bergahorn*** (Sycomore): ass d´Symbol vun der Liewenskraaft.
Déi ***gréng Faarf*** dréckt eis Hoffnung fir eng besser Welt aus.
Déi ***wäiss Faarf*** symboliséiert d´Rengheet vun eisen Absichten.
D´***Zelt*** stellt d´Liewen an der fräier Natur duer, et ass op, wat bedeit, datt jidderee bei eis komme kann.
Déi ***blo Faarf*** ass d´Faarf vun der Treit zum Scoutsgesetz an zum Verspriechen.
D´***Feier*** dréckt eis Begeeschterung fir d´Scoutsprinzipien aus.

Zanter 2008 huet d´FNEL zousätzlech zum Ofzeechen och e Logo:

fnel
scouts & guides

An den 3 Pastillë gi folgend Wäerter widderholl:

***D´Zelt, d´Feier an eise Foulard.***

***Mof*** ass d'Faarf vum weltwäite Scoutsmouvement a steet fir d'Hëllef an d'Responsabilitéit vis-à-vis vun deenen aneren.

De ***Foulard*** steet fir d'Prinzipie vum Scoutissem:

- learning by doing,
- d´Liewen a klenge Gruppen
- an déi perséinlech Entwécklung.



## Devise

All Scoutsverbänn op der Welt liewen no enger Devise, engem Motto oder Virsatz, bei der Fnel ass en esou:

***Together Creating a better world–Zesumme fir eng besser Welt***

Lëtzebuerg ass e klengt Land, mat senger eegener Sprooch, sengen eegenen Traditiounen a Gewunnechten. Dëst bezeechne mir als eis Kultur a mir sollen se net vergiessen.

Mä mir sollen och probéieren, deenen anere Länner hir Liewensweis ze verstoen a mat hinnen a Frëndschaft ze liewen. Dofir sollen d'Mënschen aus der ganzer Welt, a besonnesch d'Scouten ënner sech, zesummen halen.

## E Scout ass oppe fir jiddereen

Wéi am Scoutsgesetz steht respekteiren d´Scouten an d´Fnel jidereen sou wie en as a loossen keen am Stach, egal zou welcher Rass, Kultur oder Relioun ee gehéiert.

***E Scout respektéiert jiddereen esou wéi en ass***

Doduerch léiers du net nëmme vill Leit kennen, mä och déi verschidde Kulturen a Gewunnechte respektéieren.

Och wa verschidde Saachen dir heiansdo komesch virkommen, denk drun, an enger anerer Kultur sinn dës Saachen normal.

## 8. Dem Kinnek säin Ankus

Enges Daags huet d´Kaa dem Mowgli zu Cold Lairs ee Wee gewisen, deen an eng grouss ënnerierdesch Hiel gefouert huet. Do louche grouss Schätz, déi scho laang vun enger wäisser Kobra bewaacht goufen. Déi al Kobra huet nach ëmmer gemengt, et wier een Duerf iwwert hirer Hiel, wat vun engem Kinnek regéiert géif ginn.

D´Kobra huet dem Kaa an dem Mowgli erlaabt, d´Schätz ze bewonneren. De Mowgli huet dunn e wonnerschéint Stéck entdeckt: dem Kinnek säin Ankus. En Ankus ass eng Pick aus Gold, déi mat Diamante besat ass, an déi vun de Leeder vun den Elefante benotzt gëtt, fir dës unzedreiwen. De Mowgli huet déi al Kobra ausgetrickst fir den Ankus kënne matzehuelen.






Déi wäiss Kobra huet nach probéiert, de Mowgli dovun ofzehalen, mä zesumme mam Kaa ass de Mowgli se meeschter ginn, well hir Gëftdrüsen net méi fonctionnéiert hunn. Dofir huet de Mowgli d´Schlaang Thuu genannt, wat „dréchen" heescht. D'Cobra huet dem Mowgli nogeruff, datt hien duerch seng Gier wäert bestrooft ginn an dat Béist vum Ankus mat an den Dschungel huele géif.

Houfreg op säin Ankus ass de Mowgli dem Bagheera e weise gaang. Deen huet him dunn emol gesot, datt den Ankus gebraucht gëtt, fir den Elefante wéi ze doen. Doropshin huet de Mowgli den Ankus an de Bësch gehäit. Wéi hien en dunn nees wollt siche goen, fir der Kobra en zeréck ze ginn, wor e spurlos verschwonnen. De Mowgli an de Bagheera sinn de Spuren nogaangen, fir den Ankus erëm ze fannen. Op dëser Spur hu se d'Läiche vun de Leit, déi sech ëm den Ankus gestridden hunn, well sie vun hirer Gier geblennt waren. Wéi déi zwee den Ankus endlech fonnt hunn, hu se e séier zeréck an d´Hiel bei d´Kobra gehäit.

De Mowgli hat geléiert, datt Gier a Jalousie zu näischt Guddem féieren, an datt Frëndschaft a Vertrauen net mat Gold a fonkelnde Steng ze bezuele sinn.

# 9. Sozialt Engagement

## Joker Badge



Dëse ganz besonnesche Badge erreecht een net duerch verschidden Aufgaben, wéi bei deenen anere Badger, mä du kriss en, wann s de denge Cheffe positiv opfäls.
Dat ka si wann s du u Gruppen- a Federalen Aktivitéiten deel hellst
Du hëls mat Freed un sozial Aktivitéiten an dengem Duerf oder Stad deel.
Du engagéiers dech an dengem Grupp.

## Handkesselchen



- Du hëllefs wéi a wou's du kanns
- Du liefs d'Scoutswäerter
- Du hues Respekt a Manéieren
- Du mëss eng BA



## B.A.

Eng B.A. ass eng Bonne Action, dat bedeit, datt s du eppes Guddes fir deng Matmënsche mëss, woubäi et keng Roll spillt, ob s du dat bei dir am Duerf, an dengem Land oder an anere Länner mëss.

**An dengem Duerf:** Bëschbotzaktioun, d´grouss Botz, Bamplanzaktioun, asw.

**An dengem Land:** Kache bei der Stëmm vun der Strooss, Televie, asw.

**An engem anere Land:** d´ONGD vun der FNEL oder aner Veräiner hëllefen a Länner wéi dem Nepal zum Beispill Schoulen, Spillplazen oder wat gebraucht gëtt opzebauen. Sou Aktioune kann een och vu Lëtzebuerg aus ënnerstëtzen.

Well e Wëllefchen hëlleft wéi a wou hie kann, kanns du dir zesumme mat denger Sixaine oder Meute iwwerleeën, wou dir eng B.A. maache kënnt.

Vergiess awer net, datt s du scho mat Klengegkeeten aneren am Alldaag eng Freed maache kanns.

# 9. Sozialt Engagement




## Eischt Hëllef

- ☐ Wëssen, wéi een Accidenter verhënnere kann
- ☐ Eng kleng Wonn an een Insektestéch behandele kënnen
- ☐ D´Gefore vun enger Wonn, déi net propper behandelt ginn ass, kennen
- ☐ E Fouss, e Knéi an eng Hand verbanne kënnen
- ☐ Eng Brandwonn vum 1. Grad behandele kënnen
- ☐ D´Gefore vum Feier kennen a wësse, wéi een eent läscht
- ☐ Déi wichtegst Saachen aus der 1. Hëllefskëscht kennen a wëssen, firwat se ze gebrauche sinn
- ☐ Den Dokter, d´Ambulanz an d´Pompjeeë ruffe kënnen
- ☐ Wëssen, wat bei Nuesbludden ze maachen ass
- ☐ Déi 3 Grade vun enger Verbrennung ënnerscheede kënnen
- ☐ ..............................................................................................



## Wat ass Éischt Hëllef?

Éischt Hëllef ass déi Hëllef, déi jidderee maache kann éier en Dokter op der Plaz ass. Dofir gehéiert den Dokter oder eng Ambulanz ruffen och dozou.
Bass du bei de Scouten an et geschitt eppes, da so direkt engem Chef Bescheed.

**Soss riffs du op d'Telefonsnummer 112 un.**

Wann s du op den 112 uriffs, dann ass et wichteg, datt s du lues an däitlech schwätz a Folgendes duerchgëss :

- Wien s du bass
- Wou et geschitt ass
- Wat geschitt ass / Wéi eng Verletzungen et ginn
- Wéivill Leit verletzt sinn
- Wou s du ze erreeche bass
- Hues du dës Informatiounen duerchginn, da waart op dee vum 112 keng Froe méi huet
- Géi zeréck bei de Verletzten, fir hien ze berouege bis Hëllef kënnt

## Wat kanns du scho selwer maachen: bei klenge Wonnen



***Schnëttwonnen***

Roueg liicht bludde loossen, well esou den Dreck erausgeet.
D´Wonn selwer an och ronderëm proper maachen ouni mat de Fanger dranzegoen.
Desinfizéiren an eventuell eng Plooschter drop maachen.
Ni Watt benotzen, well déi un der Wonn peche bleift.
Bei groussen, déiwe Wonne bei den Dokter goen.
Bei Wonnen am Gesiicht an um Kapp bei den Dokter goen, well soss elle Läinzeechen entstoe kënnen.



***Schürfwonnen:***

D´Wonn selwer an och ronderëm propper maachen ouni mat de Fanger dranzegoen.
Desinfizéiren an eventuell eng Plooschter drop maachen.
Ni Watt benotzen, well déi un der Wonn peche bleift.
Eng Wonn, déi net behandelt gëtt, ka sech entzünden a schwëllt gär un.
Eng Wonn, déi sech entzünt huet, erkenns de dorun, datt se rout ass, extrem wéi deet an eetert oder schwëllt.

***Nuesbludden:***

De Kapp no vir halen.
D´Nues zoudrécken bis et ophält.
E kaalt Duch an d´Genéck leeën.
D´Nues duerno net fest botzen.

***Brandwonnen:***

Et ginn 3 Grade vu Verbrennungen. Dës kanns du un hirem Ausgesinn ënnerscheeden:

*1. Grad:*
D´Haut ass rout. Looss soulaang kal Waasser driwwer lafe bis et net méi wéi deet a kill se duerno mat engem naassen Duch.

*2. Grad:*
Et bilde sech wäiss Blose mat Waasser op denger Haut. Du solls déi Blosen net oppicken. Kill se mat Waasser an engem naassen Duch. Wann d´Blosen opfuere, da kënne

se sech entzünden.

*3. Grad:*
Deng Haut ass schwaarz. Verbann se steril, benotz dobäi Verbänn, déi extra fir Verbrennunge geduecht sinn a géi direkt bei den Dokter.

### *Insektestéch:*

Kill d´Plaz vum Stéch a maach evtl. eng Crème géint d´Schwellung drop. Wann eng Bei oder eng Harespel dir ze no kënnt, da bleif roueg, maach keng hektesch Beweegungen a blos se net fort.

Pass op wann s du dobaussen eppes ëss oder drénks, datt keng Bei oder Harespel dech an de Mond oder an den Hals pickt. Sollt dat awer geschéien, da lutsch direkt eppes Kales a ruff den Dokter.
Wann s du vun enger Bei gepickt goufs, da probéier de Stachel sou séier wéi méiglech mat enger Pincette erauszehuelen, fir datt net nach méi Gëft an d'Wonn kënnt.

### *Bloder:*

Eng Bloder nëmmen oppicken, wa se Blutt enthält. Déi oppe Bloder solls du desinfizéiren an dréchne loossen. Pass dobäi op, datt d´Wonn sech net entzünt.



### *Sonnestach:*

Wann s du ze laang an der Sonn bass – zemools ouni eppes um Kapp ze hun – kann et dir schlecht ginn an du kanns Kappwéi kréien.
A ganz schlëmme Fäll kanns du Féiwer kréien, dech iwwerginn oder esouguer bewosstlos ginn.

Also muss du an der Sonn ëmmer eppes um Kapp hunn a genuch drénken.
Wann een e Sonnestach huet, da muss du hien direkt an de Schiet bréngen, seng Kleeder opmaachen a säi Kapp héichleeën. Lee him eppes Kales op d´Stir a fächer him Loft zou. Gëff him vill Waasser ze drénken a bleif bei him.

### *Wann ee schwaachfält:*

Lee hien 10 Minutte flaach op de Buedem mat de Been an der Lut.
Wann e bewosstloss ass, dann dréi säi Kapp op d´Säit a gëff him op kee Fall eppes ze drénken.
Ruff sou séier wéi méiglech eng Ambulanz.

### *Verstauchungen, Verrenkungen, Bréch:*

*Aarm:* am Dräiecksduch roueg halen
*Been:* net belaaschten
*Réck, Hals oder Kapp:* looss dee Verletzten roueg leien a ruff eng Ambulanz

Wann dee Verletzte bewosstlos ass oder sech iwwerginn huet, dann dréi säi Kapp op d´Säit. Ruff direkt den 112 un.


Beim Verrenken ni probéieren, selwer d´Schank erëm riicht ze béien.
Wann e Glidd gebrach ass, ass et oft deforméiert. Wann d´Schank erauskuckt, dann ass et en oppene Broch.

## Verbänn

E Verband ka verschidden Zwecker hunn:

- E berouegt Bluddungen
- E beschützt d´Wonn virum Dreck
- E saugt den Eeter aus der Wonn op
- E mécht d´Wonn onbeweeglech a berouegt d´Péng
- E stabiliséiert eng verletzte Schank

Wann s du soss näischt bei der hues, da kanns du verschidde Verbänn mat dengem Foulard maachen, mä denk drun, datt däi Foulard net steril ass.









## Éischt-Héllefskëscht


An der Éischt-Héllefskëscht befanne sech verschidde Materialie fir Wonnen a Verletzungen direkt ze versuergen. Hues du eppes aus der Këscht erausgeholl, dann denk drun et ze ersetzen.

Wou befënnt sech d´Éischt-Héllefskëscht an dengem Home?

Et ass och wichteg eng Éischt-Héllefkëscht mat op de Camp, d´Sortie oder den Trajet ze huelen.

An d´Éischt-Héllefskëscht gehéiere keng Medikamenter, heifir huet däi Chef eng Apdikt.

# 10. Rout Hënn



An all deene Joeren, wou de Mowgli nach am Dschungel gelieft huet, huet hie vill mat senge Frënn erlieft. Hien ass grouss a staark ginn an d'Déieren am Dschungel haten esouguer e bëssen Angscht virun him.

Enges Daags, wou de Mowgli vun der Juegt zeréck kënnt, héiert hien e schrecklecht Gejäiz am Dschungel. Et koum vum Wan-Tolla, engem Einsiedlerwollef, deen alleng mat senge Kanner a senger Fra lieft. Hien erzielt de Wëllef beim Rootsfiels, wat him geschitt ass: Hien ass vun de rouden Hënn, den Dole vum Dekkan, ugegraff ginn a seng Fra a seng Kanner sinn dout gemaach ginn. Déi rout Hënn ginn am ganzen Dschungel gefaart. Si sinn zwar nëmmen hallef esou grouss a sou schlau wéi d'Wëllef, mä immens staark a si sinn ëmmer zu vill a maachen alles dout, wat



hinnen an de Wee kënnt. De Won-Tolla wëll sech rächen an dat fräit Vollek huet no laangem Berode beschloss him ze hëllefen. De Mowgli geet bei d'Kaa, fir et ëm Rot ze froen. Zesumme bereede si e Plang vir, fir déi rout Hënn an eng Fal ze lackelen. De Mowgli waart op déi rout Hënn an engem Bam a mécht hinnen eng Rei Frechheeten. Si gi rosen a lafen him no. Hie wees ganz genee, wou hien hileeft, nämlech bei de Beiefiels. De Mowgli spréngt an d'Waasser, awer fir déi rout Henn kennt all Hëllef ze spéit. D'Beien, déi an der Tëschenzäit vun dem Kaméidi erwächt sinn, si gutt rosen a picken déi meescht Hënn dout. D'Halschent ka sech nach an d'Waasser retten, wou de Mowgli eng ganz Partie mat sengem Messer dout mécht. Déi aner gi mat der Stréimung un dat nächst Ufer fortgerappt, wou d'Wëllef op se laueren an nach e gudden Deel no engem laangen an haarde Sträit doutbäissen. Zum Schluss ginn déi rout Hënn op an déi puer, déi iwwreg bloufen, lafe fort.

Dës grujeleg Geschicht soll dir weisen, datt dat Leed, wat s du engem aneren dees, net ouni Folge bleiwe wäert.

# 11. Ëmwelt a Natur

## Naturfrënd

Naturfrënd

- ☐ Ech kenne vun 5 Déieren aus onser Emgéigend d'Liewen an d'Gewunnechten
- ☐ 5 bis 8 Beem aus eiser Géigend kennen
- ☐ eppes maache fir den Déieren ze hëllefen (z.b. Igel haus bauen, Nistkasten ophänken, asw. )
- ☐ 5 Fréijoers- oder Bëschblumme kennen
- ☐ 5 Feld- a Gaardeblumme kennen
- ☐ 5 wëll Planze kennen, déi een iessen kann, a se der Meute virstellen
- ☐ 5 Déiere kennen, déi um Ausstierwe sinn
- ☐ Spuere vun 5 lëtzebuerger Déieren erkennen
- ☐ e Spill kennen, dat ee mat Material aus dem Bësch maache kann
- ☐ 5 Villercher kennen, déi s du an dengem Gaart oder beim Home kéints gesinn
- ☐ Der Meute en Déier oder eng Planz, déi s du kenns, virstellen, mat enger Beschreiwung fir an de Cahier de Meute
- ☐ Wëssen, wéi s du mat engem Bestëmmungsbuch erausfënns, wéi eng Planz oder wéi en Déier s de gesinn hues oder vu weem d'Spuere sinn.
- ☐ Du hëllefs eis Natur schützen
- ☐ ..............................................................................................




Déieren

**Dues** 1

**H:** 20-30 cm **L:** 60-85 cm **G:** bis zu 20 kg
Den Dues ass gro mat wäiss a schwaarz gemëscht.Vun der Schnëss bis bei d'Oueren huet e schwaarz a wäiss Längssträifen.Hien ass en Allesfriesser. Mir treffen hien iwwerall am Land.

**H: Héicht**
**L: Längt**
**G: Gewiicht**
**Sw: Spanwäit**




1

**Fuuss** 2

**H:** 35-40 cm **L:** 100-140 cm **G.** 5-9 kg
De Fuuss huet ee roudelzech-orange bis brongt Fell.
Hie frësst kleng Säugedéieren, Insekten a wëll Friichten.
Hie kënnt am ganze Land vir.

**Hirsch** 3

**H**: 120-150 cm **L:** 165-250 cm **G:** 250 kg
Den Hirsch ass rout-brong gefierft.
Hien ernährt sech haaptsächlech vun Uebst a Friichten an ass dämmerungsaktiv.
Hie lieft a Ruddelen a kënnt ëm de Stauséi, den ieweschten Ourdall an an der Géigend Miersch-Ettelbréck-Mëllerdall vir.

2 

3 



**Hues** 4


**H:** 7-10 cm **L:** 50-60 cm **G:** 3-7 kg
Den Hues ass brong-giel, Eenzelgänger a lieft um Feld.
Hie frësst Gras a Muerten.
Mir fannen hien a ganz Lëtzebuerg.


**Kanengchen** 5

**H:** 4-7 cm **L:** 34-45 cm **G:** 1,3-2 kg
D'Kanéngchen huet e grot Fell mat engem wäisse Bauch.
Se lieft mat der Famill am Bau an ernährt sech vu Planzen.
Mir treffe se am ganze Land.

**Kaweechelchen** 6

**H:** 15-25 cm **L:** 44-52 cm **G:** 210-400 g
D'Fell vum Kaweechelchen variéiert vu brong-rout bis schwaarz mat engem wäisse Bauch.
Et ernährt sech vum Som vun de Beem, Knospen an et geet Vullenäschter raumen.
D'Kaweechelchen hält eng Wanterrou a kënnt am ganze Land vir.

4 

5 

6 

**Kéisécker (Däreldéier)** 7

**H:** 2-5 cm **L:** 20-30 cm **G:** 1,2 kg
D'Däreldéier ass gro-brong mat Stachelen iwwert de ganze Réck.
Et ernährt sech vun Insekten, Larven, Bieren a Schleeken.
Et hält e Wanterschlof an et begéint een et a ganz Lëtzebuerg.


**Réi** 8

**H:** 60-90 cm **L:** 95-130 cm **G:** bis 25 kg.
D'Réi huet ee rout-brongt Fell an ass dämmerungsaktiv.
Et frësst Uebst a Friichten.
Mir begéinen et a ganz Lëtzebuerg.

**Steemarder (Hausmarder)** 9

**H:** 25 cm **L:** 40-50 cm **G:** 1200-2100 g.
De Steemarder ass gro-brong bis schwaarz-brong mat engem wäisse Fleck um Hals.
Hien ernährt sech haaptsächlech vun Aas, Bieren an Eeër.
Hien ass nuetsaktiv a kënnt am ganzen Land vir.

7


8


9






**Wëllschwäin** 10

**H:** 85-120 cm **L:** 110-155 cm **G:** bis 200 kg
D'Fell vum Wëllschwäin ass donkelgro bis schwaarz-brong.
Et ass en Allesfrësser an nuetsaktiv.
Mir fannen et am ganze Land an et lieft a Ruddelen.

**Wollef** 11

**L:** 135 – 200 cm **G:** bis 60 kg
Am Juli 2017 zu Garnech ass, no 124 Joer, de Wollef erëm noweislech zu Lëtzebuerg. Doduerch dass hie bal ausgerott gouf steet hien elo staark ënnert Naturschutz.
De Wollef ass de Virgänger vun den Haushënn an eent vun de stäerksten Déieren, wat an eise Bëscher gelieft huet.
E lieft an der Famill am Ruddel a frësst haaptsächlech kleng Déieren, Biren an Aas.

10


11


**Bontspiecht** 1


De Bontspiecht huet schwaarz-wäiss Fiederen a rout Flecken um Genéck an um Hënner.
En ernährt sech vu Som, Bieren, Insekten a Vulleneeër.
E leet 5-7 Eeër am Joer.


**Bussard** 2

**Sw:** 120-140 cm **L:** 50-60 cm
Hien huet giel-wäiss bis donkelbrong Fiedere mat längleche Flecken.
E frësst Mais, Maulwierf, Hamsteren, kleng Huesen an Aas.
E leet 2-4 Eeër am Joer.

**Schéireschwanz** 3

**Sw:** 150-170 cm **L:** 60-73 cm
De Rouden an de Schwaarze Milan si relativ seele Brutvullen zu Lëtzebuerg. Si sinn am Fluch gutt un hirem ageschniddene Schwanz ze erkennen.
Si friesse kleng Déieren a Vullen oder och emol Fësch oder Aas.


1


2


3



**Groräer** 4

**L:** 90 cm
De Groräer lieft bei Weieren a Baachen.
Hien ernährt sech vu Fësch, Amphibien, Reptilien an Insekten.

**Karmësch / Spatz** 5


**L:** bis 16 cm **Sw:** 23 cm
D´Männchen huet e groe Kapp, e rout-brongen Réck mat schwaarze Strécher an e schwaarze Fleck um Hals.
D'Weibchen ass mat manner Kontrast gefierft.
Hie frësst Insekten, Som a Kichenoffäll.

**Märel** 6

**L:** bis 27 cm **Sw:** bis 38 cm
D´Männchen ass schwaarz mat engem liicht giele Schniewel.
D'Weibchen ass brong.
Si frësst Wierm, Insekten a Friichten.


4


5



6

**Mees** 7


Heefeg si virun allem d'Schielmees an d'Blomees.
**Sw:** bis zu 15 cm
Gewiicht: am Duerchschnëtt 11 g
D'Schielmees huet eng giel Broscht mat engem schwaarze Stréch an ee schwaarze Kapp a wäiss Baken.
D'Blomees huet eng giel-gro Broscht mat engem bloe Kapp a wäisse Baken.
Si frësst Insekten a Raupen.

**Schmuelef** 8

Et gëtt d´Haus- an d´Stallschmuelef.
Sie bauen hallefronn Näschter aus Bulli.
Déi eng léiwer baussen um Haus an déi aner léiwer bannen am Stall.
Si fänke Mécken am Fluch.



7




8



**Markollef** 9

**L:** 35 cm
D´Markollef gehéiert zu de Kuebevullen. Si huet besonnesch schéi blo Fiederen un de Flilleken a kann eng Heedewull vun Téin nomaachen („noahmen" gëtt et am L. net), z.B. eng Päif. Duerch hiren haarde Ruff ass sie de Wiechter vum Bësch.

M.E.R.C.I. un natur&ëmwelt fir d'Biller
**www.naturemwelt.lu**



9

## Vullen am Wanter

Déi Vullen, déi am Wanter bei eis bleiwen, kann ee fidderen. Dat ass net nëmme gutt fir d'Vullen, mä och gutt fir eis, well mir d'Vullen da gutt beobachte kënnen.
Aus engem Blumendëppe kanns du eng Fudderklack bastelen, andeems du et emdréins a mat geschmoltenem Fett (Rëndsfett , Cocosfett), Huewerflacken a Kären opfëlls. Duerch d'Dëppen zéie mer fir d'éischt e Fixel, fir dat Ganzt opzehänken a man e Bängel dru fest, fir datt d'Villercher sech dru festhale kënnen. Denk drun et esou opzehänken, datt d'Kazen net dru kommen. Wann s du ee Wanter mat Fidderen ugefaangen hues, da solls du déi ganzen Zäit weider fidderen, well d'Villercher sech op dech verloossen.






## Beem

**D´Ficht:**
huet Zäpp, déi hänken an d´Nolen wuesse ronderëm den Aascht.



**D´Dänn:**
huet Zäpp, déi an d´Luucht stinn, d´Nolen si flaach an op der ënneschter Säit wäiss.



**D´Buch:**
huet eeförmeg Blieder mat engem gewelltene Bord an eng glat Schuel. Hir Fruucht ass d´Buchecker.





**D´Bierk:**
huet häerzförmeg, gezackte Blieder an e wäisse Stamm.



**D´Eech :**
huet Blieder mat onregelméissege Lappen an eng geradderecht Schuel. Hir Fruucht ass d´Eechel.



# Blummen

**D´Margréitchen**
(Gänseblümchen, pâquerette)



**D´Guckucksblumm**
(Schlüsselblume, primevère)



**D´Kaméil oder d´Kamomill**
(echte Kamille, camomille)



**D´Botterblumm**
(Dotterblume, plantain d´eau)





**De Kléi**
(Klee, trèfle)




**D´Feierblumm**
(Klatschmohn, Coqueliquot)





**D´Karblumm**
(Kornblume, bleuet)

## Katz




## Kawechelchen








## Otter




## Wisel




## Wollef



## Natur

*E Scout setzt sech an fir Ëmwelt an Natur*

E Wëllefche respektéiert d'Natur a mécht säi Bescht se ze schützen. Dofir pass op, datt s du an deng Frënn kee Knascht an der Natur leie loosst, d'Déieren net zevill stéiert wann dir dobaussen ënnerwee sidd a respektéiert d'Planzen an d'Beem.

Firwat dat Ganzt?
De Bësch huet e puer wichteg Rollen. De Buedem am Besch hëlt vill Reewaasser op a gëtt esou zum Späicher fir eist Drénkwaasser. D'Beem mat hire Blieder filtere vill Knascht aus der Loft a maachen aus dem $CO_2$ dee mir ausootmen erëm Sauerstoff. D'Wuerzele vun de Beem halen de Buedem un, esou datt hien net fortgespullt gëtt an doduerch d'Flëss an d'Baachen dréif maache géif. Virun allem awer ass de Bësch Liewensraum a Réckzuchsgebitt fir vill Déieren a Planzen.

## Ëmwelt

D'Natur, de Bësch, d'Wisen an d'Déiere sinn e Stéck vun der ganzer Ëmwelt, déi eis op der Welt ëmgëtt.
Du hues bestëmmt schonn emol vum Klimawandel, dem Ozonlach, dem Treibhauseffekt oder der Energieverschwendung héieren. Och Waassermangel, Hongersnout an aner Naturkatastrophe hänken domat zesummen, datt d´Mënschen oft net genuch op d'Natur an d'Ëmwelt



opgepasst hunn.

- Maach d'Luten aus, wann s du se net méi brauchs.
- Verbëtz kee Waasser.
- Trenn den Offall doheem.
- Wann s du d´Fënster opméchs, denk drun d´Heizung auszemaachen.
- Probéier sou oft wéi méiglech mam Velo, Zuch oder Bus ze fueren.
- Benotz fir ze Botzen oder géint Gedéiesch keng Mëttelcher, déi der Ëmwelt schuede kéinten.
  Dës erkenns du un esou engen Zeechen:



Explosiv



Entzündlich



Brandfördernd



Gesundheitsgefahr



Sehr giftig



Ätzend Reizend





Umweltgefährlich



Komprimierte Gase



Gesundheitsgefährdung

# 11. Ëmwelt a Natur

## Survival




- ☐ Du weess dat, wat's du geléiert hues, praktesch unzewenden
- ☐ Kniet maachen
- ☐ Kaart liesen
- ☐ Geheimschrëften entzifferen
- ☐ Eppes Einfaches op enger Kichenkonstruktioun kachen
- ☐ du kanns kleng Konstruktioune bauen
- ☐ du weess wéi een eng Feierplaz opbaut an ofséchert
- ☐ ..........................................................................................



### D'Wieder

Un der Temperatur, un der Fiichtegkeet vun der Loft, um Loftdrock an u Wand a Wolleken kaan een erausfannen, wéi d'Wieder demnächst wäert ginn. Méi genee Viraussoe ginn iwwert d'ganz Welt mat Wiederstatiounen a Satellitte gemaach, do entstinn déi Kaarten, déi s du bestëmmt vum Fernseh kenns.


Mat engem Barometer oder engem Thermometer kanns du doheem kucken, wéi héich de Loftdrock ass oder wéi waarm et ass. Mat engem klenge Fändelchen kanns du ganz einfach kucken, aus wéi enger Richtung de Wand bléist. Och d'Wolleken hëllefen dir, d'Wieder viraus ze soen, groer oder schwaarzer bréngen z.B. Reen oder Schnéi.

## Kniet

Als Wëllefchen hues du deng Ficelle ëmmer bei dir, si kann dir oft nëtzlech sinn.

**Platte Knuet:**


Dëse Knuet, deen och nach Scoutsknuet genannt gëtt, ass deen am Heefegste gebrauchte Knuet. Du gebrauchs dëse Knuet fir zwee Seeler, déi ähnlech déck sinn, ze verbannen. Dëse Knuet steet fir ee Frëndschaftsband, dat Millioune vu Scoute matenee verbënnt.






**Wiewerknuet:**

Mat dësem Knuet stréckt een zwee Seeler, déi verschidden Déckten opweisen, uneneen. Heibäi gëtt dat dënnt vun den zwee Seeler gekräizt.




**Einfach Schléng:**


Dëst ass eng Schléng, mat där s du e Seel un e Poul strécke kanns. Si zitt sech zou wéi e Lasso.



**Aachterschléng:**

Du brauchs dëse Knuet, fir e Seel un engem Bam festzebannen, wann s du z.B. eng Léngt tëschent zwee Beem ophänken wëlls oder als Ufank vun der Brellage. E rutscht net wann e festgezunn ass a geet gutt lass wann een e labber mécht.








**Brellage:**

D'Brellagen hëllefen dir d'Liewen um Camp duerch kleng Konstruktiounen ze erliichteren. Sou kanns du z.B. eng Bänk aus Holzstämm bauen, en Dësch oder e Gestell fir Dëpper drop ze stellen, asw.



## 12. Rout Blumm



Zéng oder eelef Joer nodeem de Mowgli bei de Wëllef opgeholl gi war, koum de Shere-Khan nees zeréck. Hie probéiert, verschidden Wëllef vun de Sionihiwwelen ze iwwerzeegen, datt de Mowgli net zu hinne gehéiert, mä datt de klenge Mann him gehéiert.

An der Tëschenzäit war den Akela, deen ëmmer zum Mowgli gehalen huet, al ginn an huet seng Positioun am Wollefsruddel verluer. Op dem Bagheera säi Rot hin ass de Mowgli bei d'Mënschen d'Feier siche gaangen. D'Déieren hunn d'Feier rout Blumm genannt.

Wou dunn d'Wëllef eng Kéier zesumme beim Rootsfiels waren, ass de Shere-Khan bei si komm, fir d'Wëllef géint de Mowgli an den Akela opzestëppelen. De Mowgli huet dunn mat der rouder Blumm de Shere-Khan verdriwwen an huet d'Wëllef duerchernee gejot.

De Mowgli sot de Wëllef doropshin, datt hien elo géif zeréck bei d'Mënschen an d´Duerf goen an huet hinne versprach, hie géif nees zeréck kommen an dem Shere-Khan säi Pelz op de Rootsfiels leeën.

# 13. Zesumme liewen

## Kachen




- ☐ E richtegt Feier maachen an an der Glous eppes Einfaches grillen, duerno d´Feier erëm uerdentlech ausmaachen
- ☐ D´Gefore vum Feier kennen
- ☐ En originellen Dessert preparéiren
- ☐ Den Dësch richteg decken an ofraumen
- ☐ Déi verschidden Etappe vun enger Spullstrooss kennen
- ☐ E Rezept kennen a flott illustréiere fir an d´Kachbuch oder de Cahier Meute
- ☐ Wëssen, wéi een d´Kiche propper hält
- ☐ 5 Gewürzer kennen
- ☐ Geméisplanzen a Kraider kennen an doheem oder beim Home ënnerhalen
- ☐ E Menü fir een Dag um Camp opstellen
- ☐ Du weess wéi een sech gesond ernäert
- ☐ Du weess wéi een Offall trennt
- ☐ Du weess wéi een Nohalteg akeeft
- ☐ ....................................................................................



### Hygiène

- Wäsch virum Kachen deng Hänn.
- Hal deng Aarbechts- a Kachplack propper.
- Schmaach mat engem Läffel.
- Hal Uerdnung an denger Kichen.
- Pass op, datt deng Iesswuere richteg gelagert sinn, bspw. am Frigo.
- Benotz net dat selwecht Geschir, fir réit Fleesch a Geméis ze schneiden.
- Gëff Uecht, wann s du mam Messer schneits.
- Fro däi Chef ëm Hëllef fir de Gas unzefänken.
- Denk drun, deng Kichendicher regelméisseg ze wiesselen.
- Verlooss d´Kichen erëm esou, wéi s du se virfonnt hues.

### Feier maachen

Sich der deng Feierplaz eraus a maach se propper, sou datt keng Blieder oder Äscht méi do leien. Elo kanns du se nach mat Steng oder Buedem ofgrenzen.
Maach kee Feier direkt beim Stamm vun engem Bam, am beschten esouguer net ënnert der Kroun, well sou wäit ginn och d´Wuerzele vum Bam, déi d´Hëtzt net gär hunn.
Mach ni Feier op enger Plaz, wou et ze dréchen ass oder an engem Nolebësch.
Et ass gutt, wann s du ëmmer Waasser bei Hand hues, fir d´Feier auszemaachen.
Looss däi Feier ni alleng. Wann s de fortgees, mëss de d'Feier am beschte mat Waasser aus.


Fir e schéint Lagerfeier unzefänken, häls du am beschten Bierk-, Kifer- oder Fiichtenholz. Fir datt s de eng gutt Glous, fir drop ze kachen, kriss, ass Bichenholz am beschten.

Du fänks däi Feier am beschten un, andeems du eng Pyramid baus. Däin Holz soll beschtefalls dréche sinn, well naasst a gréngt Holz brennt net gutt.
Aus Réiser, Klengholz a Spéin mëss du fir d´éischt e Kéipchen a stells déi grouss Stécker wéi eng Pyramid ronderëm. Bau et net ze dicht, sou datt däi Feier ootme kann. E bëssen Zeitungspabeier oder Bierkeschuel hälleft dir de Réiseg mat sou mann wéi méiglech Fixspéin un d´Brennen ze kréien.

Pass op de Wand op.

Pass beim Feier mat dengem Flis oder denger Reenjackett op.

Et spillt een net beim oder mam Feier.







## Kachen um Feier

Um Feier kanns du bal alles kache wéi soss och: an der Glous, um Grill, am Däppen, an der Pan oder op engem Holzspiiss.



Fir um Holzspiiss ze grillen oder Brout ze baken preparéiers du dir e laange Spiiss, sou datt s du net ze no beim Feier an am Damp stoe muss. Hal däi Spiiss net voll an d´Flamen, mä iwwert d´Glous, well soss gëtt e schwaarz an net duerch a schmaacht net gutt

## Iessen vun hei an aus der Welt fir eng besser Welt

Och beim Iessen solls du oppassen an d´Natur an aner Kulture respektéieren.

Mat Produkter, déi aus denger Géigend kommen, schouns du d´Ëmwelt, well net souvill Energie néideg ass fir se ze killen an ze transportéieren.

Dofir ass et och besser a méi gënschteg, Geméis an Uebst ze kafen, wann et heiheem zeideg ass, z.B. keng Äerdbieren am Dezember.

Biologesch produzéiert Liewensmëttel schounen d´Ëmwelt, well dofir keng Gëftstoffer – bspw. géint Onkraut – agesat ginn, an dofir si se och méi gesond.
Fair gehandelt Produkter, wéi Kaffi, Schokela oder Zocker, respektéieren d´Mënschen an de Länner, wou se ugebaut ginn a sécheren hinne fair Aarbechtskonditiounen.

Pass beim Akafen op dës Logoen op:



## Rezepter

### Selwergemaachte Glace: (6 Persounen)

*300 g Friichten,*
*je nodeem wéi e Goût s du am léifsten hues*
*150 g Zocker*
*1 EL Vanillezocker*
*200 ml Mëllech*
*200 ml Ram*
*4 Eeër*

Friichte kleng maachen a mixen. Alles gutt zesumme mëschen an an d'Tru stellen bis datt et haart ass.

### Nuddelen:

*125 g pro Persoun*
Setz en Däppen mat Waasser a Salz op, maach den Deckel drop bis datt et kacht. Wann s du e Schoss Ueleg an dat kachend Waasser mëss, da pechen d'Nuddelen net esou. D'Nuddelen dra maachen a sou laang kache loossen wéi et um Pak steet. D'Waasser ofschëdden. Pass op, datt s du dech net verbrenns, well d'Waasser an den Damp si waarm.

### Tomatesauce:

*1 Béchs geschielten Tomaten (500 g)*
*1 Zwiwwel*
*1 Zéif Knuewelek*
*2 Muerten*

*1 Paprika*
*1 Staang Zellerie*

Gutt mat Peffer, Salz a Kraider würzen..
Dat Ganzt bei klenger Hëtzt brutschele loossen bis datt d'Geméis duerch ass.

**Eeër kachen:**

E lues gekachtent Ee soll 5 Minutten am kachende Waasser leien.

En haart gekachtent Ee soll 10 Minutten am kachende Waasser leien.

En Ee, daat kräischt, dat ass e luesgekachtent Ee, dat net am Waasser läit, mä wat an der Glous gekacht gëtt. Lee d'Ee 5 bis 10 cm vun de Feierkuelen ewech. Dréi d´Ee no 2 Minutte lues ëm a kuck der et gutt un: Soubal et kräischt, dat heescht soubal eng Drëps Waasser op senger Schuel ass, ass et gutt.

D'Ee als Brochette: Maach mat dengem Messer 2 kleng Lächer an d'Spëtze vun dengem Ee, fuer mat engem dënnen, hëlzene Bengel derduerch a looss et 3 Minutten iwwert der Glous kachen.

D'Ee an der Gromper: Schneid vun der Gromper en Deckel erof, maach se bannen huel a schëtt dat réit Ee bannen an d'Gromper. Setz den Deckel nees drop. Weckel dat ganzt an Aluminiumspabeier an a lee et an d'Glous bis datt d'Gromper mëll ass.



**Brout:**

*500 g Miel*
*2 Kaffisläffele Salz*
*1 Zoppeläffel Olivenueleg*
*1 Pak Trockenhefe*
*350 ml Waasser*

Mësch dat Ganzt zu engem Deeg a stell et op eng waarm Platz, sou datt et opgoe kann.
Kniet däin Deeg op enger flaacher Fläch an d'Form a benotz Miel, fir datt en net un de Fanger an um Dësch peche bleift. Stell dat Ganzt bei 200 Grad fir eng hallef Stonn an den Schäffchen. Vergiess net heiansdo duerno ze kucken, fir datt d´Brout dir net verbrennt.
Du kanns och Speck, Kéis, Zwiwwelen a Kraider an däin Deeg knieden a Staangebrout um Feier maachen.

**Pain perdu:**

Dëst ass e gutt Rezept fir d´Broutreschter ze verschaffen.
Du brauchs aalt Brout, Mëllech, Eeër, Zocker, Margarine oder Ueleg fir an der Pan ze broden.
D'Mëllech an d'Eeër gi gemëscht, dat aalt Brout gëtt dra gezappt an ageweecht. Da gëtt et an der Pan op deenen *zwou Säite kurz gebroden. Zocker drop an op den Teller.*

**Panesch: 1 Persoun**

*125 g Miel*
*2 Eeër*
*¼ Liter Mëllech*

Mësch d'Miel an d'Eeër zesummen a réier lues a lues d'Mëllech drënner. Maach eng Fangerspëtzt Salz derbäi. Réier den Deeg soulaang bis e ganz glat ass. Mat enger Louche kanns de den Deeg an dee waarmen Ueleg an d'Pan schëdden. Dréi däi Panesch wann en uewendriwwer dréchen ass.
Mat e bëssen Zocker oder Gebeess schmaacht däi Panesch nach besser.





## 13. Zesumme liewen

### International

- ☐ Du léiers nei Kulture kennen
- ☐ Du hëls Kontakt mat auslännesche Scouten op
- ☐ Du kenns de Scoutismus vun anere Länner
- ☐ Du kenns internationaalt lessen
- ☐ Du  fërders Internationale Scoutismus an deem s du deng Sprooch an däi Land am Ausland presentéiers a mat anere Scouten a Kontakt kënns.
- ☐ ..............................................................................................

# ONGD Sensi Badge




D´Zil vum Sensibadge ass et, datt dir iech mat der Aarmut an de sozialen Ongerechtegkeeten Heiheem oder an engem Entwécklungsland ausernaner setzt. Sicht iech e Thema hei zu Lëtzebuerg oder Europa  eraus. Wann Dir Iech en Thema erausgesicht hutt, da féllt den Umeldungsziedel vun der ONGD FNEL aus, a gitt dee virum Ufank vun ären Aktivitéiten eran.

**International Menü'en wéi z.B**

- Chilli Con Carne aus Süd Amerika
- Hamburger aus Nord Amerika
- Bolognese-Zooss Italien
- Gulasch aus Ungarn
- Fannd dir am Deppekueder vun der FNEL



# 13. Zesumme liewen




## Fair Spiller

- ☐ E faire Spiller an e gudde Verléierer sinn
- ☐ Aktiv un de Spiller deelhuelen an d´Reegele respektéieren
- ☐ De Wëllefcher ee Spill erkläerten an et mat hinne spillen
- ☐ Du kanns 15 Minutten e Spill leeden
- ☐ Du kenns Spiller fir dobannen a dobausse mat wéineg Material
- ☐ Du kenns klassesch Scoutsspiller
- ☐ E neit Spill mat der ganzer Meute maachen
- ☐ Spiller kennen, déi een ënnerwee (z.B am Bus oder am Zuch) spille kann
- ☐ E Poste fir e grousst Spill (z.B Gänsespill) maachen
- ☐ ..................................................................................

# 14. Kommunikatioun

## Kënschtler




- ☐ Maach eng Zeechnung
- ☐ Dekoréier en Iessdësch
- ☐ Bréng eng Bastelidee mat an d´Meute
- ☐ 8 Lidder sange kënnen
- ☐ En Instrument spille kënnen an et der Meute presentéieren
- ☐ Der Meute en neit Lidd bäibréngen
- ☐ Eppes presentéiere wat d´Meute während 10 Minutten ennerhält
- ☐ E Konschtstéck weisen
- ☐ E Programm fir eng kuerz Veillée opstellen
- ☐ De Sall an dech an engem bestëmmten Thema dekoréieren a verkleeden
- ☐ Du bass kreativ
- ☐ Du beweis deng Handwierkskënscht mat Naturmaterialien (Bastel, Landart….)
- ☐ ……………………………………………………………………………



Lidder

### Den TAPS

Der Dag schwënnt,
´t gëtt elo Nuecht
iwwer Bierg, iwwer Dall an am Bësch.
Fridde kënnt, sief ganz stëll
A schlof an.

Gutt Nuecht Wëllef
Gutt Nuecht Wëllef
Gutt Nuecht Wëllef

Dir gitt elo an d´Bett

***Ref.:***
Awer muer da sange mir, sange mir, sange mir
Awer muer de sange mir
Nees dat selwecht Lidd.

*Duerno gëtt fir all Sixaine/ Branche eng Stroph gesongen.*

### Mir sangen am Reen

Mir sangen am Reen (2x)
Wat as dat e Gefill
Wa mir sangen am Reen

Mir sangen a mir sprangen
An dem Reen.

Daumen eraus (+Geste)
Äntwert : Daumen eraus (+Geste)
A Tschu Tsche Tscha, A Tschu Tsche Tscha, A Tschu Tsche Tscha Tscha Tscha! (2x)

***Ref.:*** Mir sangen am Reen...

Daumen eraus (+Geste)
Äntwert : Daumen eraus (+Geste)

Ielebéi zréck (+Geste)
Äntwert : Ielebéi zréck (+Geste)
A Tschu Tsche Tscha, A Tschu Tsche Tscha, A Tschu Tsche Tscha Tscha Tscha! (2x)

Weider Kierperdeeler kommen no an no dobäi:
Féiss zesummen, an d'Knéie goen, Hënner raus, Kapp no hannen, Zong eraus

**D'Wëllefcher vun der FNEL**

Mir sinn d'Wëllefcher vun der FNEL, voller Stolz, voller Stolz, voller Stolz, voller Stolz.
Mir sinn d'Wëllefcher vun der FNEL, a mir si vu guddem Holz.



***Ref.:***
An eis Devise, déi kennt dir all,
mir doen onst Bescht, hei an iwwerall,
mir doen ons Bescht, hei an iwwerall.

Eis B.A., déi maache mir all Dag, ouni Fro, ouni Fro, ouni Fro, ouni Fro.
Eis B.A., dei maache mir all Dag, braucht dir eis, da si mir do!
An dem Dschungel liewe mir all gär, Hand an Hand, Hand an Hand, Hand an Hand.
An dem Dschungel liewe mir all gär, a mier sinn eng lëschteg Band.
Akela, Balu a Bagheera, kenne mir, kenne mir, kenne mir, kenne mir.
Akela, Balu a Bagheera , hir Prinzipien hale mir.
Dofir kommt, kommt, kommt bei eis an d'Meute. Kommt ganz schnell, kommt ganz schnell, kommt ganz schnell, kommt ganz schnell.
Dofir kommt, kommt, kommt bei eis an d'Meute! Jong a Meedchen, komm bei d'FNEL!

**Lauschter wat de Wollef seet**

Lauschter wat de Wollef seet,
Japp, jahu, wann et däischter gëtt
A wann all Mënsch op den Zéiwe geet,
Lauschter gutt, a vergiess et net. Hau hau hau!
Laf an der Sonn a laf am Reen
Well d'Welt ass all Dag nei fir dech,

An du solls dech un alles freeën,
D'ganz Welt ass do fir dech a mech. Hau hau!
Lauschter dir net selwer no,
Japp jahu, span d'Ouren op
Well all Dag ass eppes Neies do,
Do gutt Uecht, Wëllefchen, dodrop! Hau hau Hau!
Sang an der Sonn a sang am Reen,
Am Bësch do schaalt deng Stëmm sou schéin.
Sang oder haul, ´t ass alles eent,
´t ass ganz egal mat wat fir Téin. Hau Hau!
Maach däi Bescht, dat ass scho vill,
Japp jahu, jo, da mécht et Freed
A sief ´t am Eescht oder sief ´t am Spill,
Dat ass, wat iech de Wollef seet. Hau Hau Hau!
Danz an der Sonn an danz am Reen,
Danz mat den Déieren aus dem Bësch,
A schwenk deng Äerm a schwenk deng Been,
da bleifs de ëmmer flénk a frësch. Hau hau!

**Héich de Bockel voll Gepäck**

Héisch de Bockel voll Gepäck mat Kachdeppen a Stréisäck,
zeihen mir durch d'Sonn, déi schein Murjessonn,
mir sin frei vun Suerj a Leed an mir sangen voller Freed,
fir e Scout schleit keng beis Stonn.

Ref.: E frait Lierwen as on Striewen,
de Kapp heisch am Wand zeihen mir durch d'Land
Bescher wenken, Fielsen klénken.
Well e Scout daat as hiert Kand.



Esoubaal et Metteg laut get e Féierlaach gebaut,
well een eidlen Moo as eng ureg Ploo,
an a volle Ennegeet gin dann d'Plättelen gefeet,
well do sin mir all deck do.

***Ref.:***
T'gin vill Länner op der Welt, mee dass keent daat mir gefällt, wie mein Letzebuerg mein scheint Letzebuerg, d'as sou klinnzeg klinnzeg kleng, an de Ginz bléit rondrem d'Häng, iwerall zu Letzebuerg.

***Virum lesse sangen d'Wëllefcher zesummen ee Lidd.***

**Autour d'une table:**

Ooooooooooooooooooh (bis all Mënsch prett ass)
Autour d'une table entre bons amis
Qu'il est agréable d'être réunis, oui oui
Qu'il est agréable d'être réunis,
Bon Appetit, merci !

**Gudden Honger**

Un den Dësch gi mir,
Un den Dësch gi mir,
Lénks eis Forschett, riets eist Messer
An dann iesse mir.
Gudden Honger, gudden Honger,
Wënsche mir eis alleguerte rondrëm eisen Dësch.

### Hei sëtze mir

Hei sëtze mir lo, (2x an d'Hänn klappen)
Béis rabbelt de Mo, (2 x op den Dësch klappen)
Messer a Forschette ass hei (2x mam Besteck op den Dësch schloen)
D'Gamelle ass och derbäi (2x mat der Gamelle op den Dësch schloen)
Et ass lo Schluss mat dësem Lidd (2x mam Becher op den Dësch schloen)
A gudden Appetit (2x mat de Fanger schnipsen)
*MERCI un d 'Wëllefchers Formatioun*

### Spullstrooss-Rap

Poubelle – Schwenken – Spullen – Schwenken – alles ofdréchnen – an de Sak maachen – Sak ophänken a sëtzen

***Wann een eppes gutt gemaach huet, da klappe mir net an d'Hänn, mä mir maachen him e „Bon" ( BRAVO):***

### Tschiklika

Tschiklika, tschiklika,
Tschau, tschau, tschau!
Bumlika, bumlika,
Bau, bau, bau!
Tschiklika, bumlika,
Tschiss, bum, ba!

**B.R.A.V.O.** (All Buschstaf gëtt eenzel geruff)



BRAVO! BRAVO! BRAVO!

### Bravo gesongen

Bravo, bravo, bravo, bravissimo,
Bravo, bravo, bravissimo
Bravo, bravissimo, bravo, bravissimo,
Bravo, bravo, bravissimo, OH, OH!

### Kaffismillen

Kaffismillen gemoolt mat BRRRRRRRRAVOO!



Bon vun dengem Grupp / denger Meute

## Chaîne des Adieux

Wa mir eis Äddi soen, sange mir all zesummen zum Ofschloss dëst Lidd. Heibäi iwwerkräize mer d'Hänn an eventuell d'Féiss mat eisen Noperen.

Mir mussen ausernaner goen,
ons Zäit, déi ass erëm
Loosst d'Hierzer héich nach eemol schloen,
a sangt mat voller Stëmm.
Nun, Äddi alleguer, mir ginn, a bleift eis all gesond,
Bis mir ons nees erëm gesinn am grousse Bridderbond.
(2x)



## D´Heemecht

Dat ass eis Nationalhymn, all Land op der Welt huet esou e Lidd, dat dat Land representéiert a bei Feierlechkeete gesong gëtt. Bei der Heemecht sti mer op, schloen un a sangen mat.

Wou d´Uelzecht duerch d´Wisen zéit,
Duerch d´Fielsen d´Sauer brécht,
Wou d´Rief laanscht d´Musel dofteg bléit,
Den Himmel Wäin ons mécht.
Dat ass onst Land, fir dat mir géif,
Heinidden alles won,
onst Heemechtsland, dat mir sou déif
an onsen Hierzer dron.

Oh du, do uewen, deem seng Hand
Duerch d´Welt d´Natioune leet,
Behitt du d´lëtzebuerger Land
Vu friemem Joch a Leed.
Du hues eis all als Kanner schonn
De fräie Geescht jo ginn.
Looss viru blénken d´Fräiheetssonn,
Déi mir sou laang gesinn.

*Text: Michel Lentz*

## 14. Kommunikatioun

### Animateur




- ☐ du kanns dech presentéieren
- ☐ du kanns eppes erfannen a leeden
- ☐ du léiers anerer eppes (Lidd, Spiller...)
- ☐ du hëllefs eng Veillée begleeden
- ☐ du kanns deng Meute wärend 20 Minutten animéieren/beschäftegen
- ☐ ..................................................................................................



## 14. Kommunikatioun

### Reporter





- ☐ E Reportage vun enger Sortie a vun enger Versammlung maachen a se fir an de Cahier de meute illustréieren
- ☐ En Interview maachen an dësen der Meute presentéieren, virspillen oder liesen.
- ☐ E Foto- oder Filmreportage maachen
- ☐ Eng Fotostory maachen oder eng Geschicht verfilmen
- ☐ 2 Geheimschrëfte kennen
- ☐ Eng Virstellung vu sech selwer a Geheimschrëft maachen
- ☐ Wëssen, wéi eng Medien ee fir e Reportage benotze kann
- ☐ eng Recherche am Internet zu engem bestëmmten Thema maachen a se der Meute weisen
- ☐ Eng Virstellung vun denger Sixaine fir op den Internetsite oder de Cahier de meute um Computer maachen
- ☐ En Artikel fir an d'Gruppen- oder Campzeitung maachen
- ☐ ..................................................................................................

## Geheimschrëften

Geheimschrëften notze mir fir Messagen ze verschlësselen, sou datt nëmmen déi richteg Persoune se verstoe kënnen.

### Indianerschrëft

☐ Kann ech







### Grille

☐ Kann ech

| | | |
|---|---|---|
| ab | cd | ef |
| gh | ij | kl |
| mn | op | qr |




Mol fir all Buchstaf d'Strécher, déi ronderëm sin, a markéier mat engem Punkt, op de Buchstaf riets oder lénks steet.



### Verrutschten ABC

☐ Kann ech

Schreif d'ABC zweemol ënnerteneen, awer verrutscht. So deenen anere Wëllef just, wéi ee Buchstaf ënnert dem A steet.

A B C D E F
A B C D E F G H

**A = C YGNNGH**

## Morse

☐ Kann ech

D'Morsealphabet ass en internationale Code fir Buschstawen ze verschlësselen. D'Punkten an d'Strécher kanns de a Form vun engem Päiftoun, Luucht, Nouten, Kniet o. Ä. duerstellen.
An der Morse gëtt et keen Ënnerscheed tëschent Grouss- a Klengschrëft. Tëschent all Buchstaf kënnt e schife Stréch (/) fir se ofzetrennen an tëschent all Wuert kommen 2 Strécher (//) .

Fir d'Morsealphabet am beschten ze verhalen, benotze mir eng Tabell vun Hëllefswieder.
All Silb mat O ass e Stréch, all aner Silb mat engem anere Vokal (a, e, i, u) ass e Punkt.


Beispill:
**A wéi ATOM ass · -** **A · tom -**



## Morsealphabet:

| | | | |
|---|---|---|---|
| A | = | A-tom | · - |
| B | = | Boh-nen-sup-pe | - · · · |
| C | = | Co-ca-Co-la | - · - · |
| D | = | Don-ner-stag | - · · |
| E | = | Ernst | · |
| F | = | Fen-ster-bo-gen | · · - · |
| G | = | Groß-on-kel | - - · |
| H | = | Hi-ma-la-ya | · · · · |
| I | = | I-gel | · · |
| J | = | Jagd-mo-tor-boot | · - - - |
| K | = | Kom-man-do | - · - |
| L | = | Li-mo-na-de | · - · · |
| M | = | Mot-or | - - |
| N | = | Nor-den | - · |
| O | = | O-vo-sport | - - - |
| P | = | Phi-lo-so-phie | · - - · |
| Q | = | Quo-ko-ri-ko | - - · - |
| R | = | Re-vol-ver | · - · |
| S | = | Sä-bel-griff | · · · |
| T | = | Tod | - |
| U | = | U-ni-form | · · - |
| V | = | Ven-ti-la-tor | · · · - |
| W | = | Wind-mo-tor | · - - |
| X | = | Xo-la-ba-phon | - · · - |
| Y | = | Yo-ma-mo-to | - · - - |
| Z | = | Zollvorsteher | - - · · |
| 1 | = | | · - - - - |
| 2 | = | | · · - - - |
| 3 | = | | · · · - - |
| 4 | = | | · · · · - |
| 5 | = | | · · · · · |
| 6 | = | | - · · · · |
| 7 | = | | - - · · · |
| 8 | = | | - - - · · |
| 9 | = | | - - - - · |
| 0 | = | | - - - - - |

### Esou kann een och d Morse molen




### Wei bauen ech ee Morseapparat?

Ech brauch:

- ee Briedchen
- Neel oder Punaisen
- Bürosklameren
- eng Batterie
- Drot
- eng kleng Bir

Wann een d'Punkten 1 an 2 mat engem laangen Drot un de selwechte Punkte vun engem anere Morseapparat uschléisst, da kann ee vun deem engem an dat anert d'Zëmmer morsen.



### Eege Schrëft

Du kanns och mat denge Frënn eng eege Geheimschrëft erfannen, déi nëmmen dir alleng entziffere kënnt.

# 14. Kommunikatioun

## Sammeler




- ☐ du sammels eppes
- ☐ Weis dass deng Sammlung gewuess ass an dokumentéier deng Sammlung
- ☐ du fleegs deng Sammlung
- ☐ du präsentéiers denger Meute deng Sammlung
- ☐ ..........................................................................................



# 15. Scoutstechniken

## Sportler




- ☐ D'Geforen an d'Behuelen an all Gewässer kennen
- ☐ 15 Sekonnen ënner Waasser bleiwen
- ☐ Eng Kéier fräigeschwomme sinn
- ☐ Du kanns 5 Meter wäit tauchen
- ☐ Du kanns eng Saach aus 2 Meter Déift siche goen
- ☐ Du kanns e Kappsprong
- ☐ Du kanns zwou Längten an zwee verschidde Schwammstiler schwammen
- ☐ Du kanns ee Spill fir deng Sixaine am Waasser organiséieren
- ☐ Du wees, wéi ee sech an der Schwämm ze behuelen huet
- ☐ Du kanns däi Schwammkuerf ganz alleng paken
- ☐ ..........................................................................................

# 15. Scoutstechniken




## Sportler

- ☐ Wessen wéi een sech op Sport virbereed
- ☐ Mach Bechsenscheissen, Hufeisenscheissen … fir deng Zielsecherheet ze beweisen
- ☐ 15 Meter wäit en Tennisball geheien
- ☐ E faire Sportler sinn
- ☐ Regelméisseg Sport maachen, eventuell an engem Club
- ☐ Deng Sportart der Meute virstellen
- ☐ 50 Meter an 15 Sekonne lafen
- ☐ Mat der Meute en Teamsport maachen (z. B.: Völkerball, Eckball)
- ☐ Mat der Meute en Tréppeltour vu mindestens 5 km maachen
- ☐ Eng Staffel organiséieren
- ☐ 60 cm héich sprangen
- ☐ 1 Meter wäit aus dem Stand sprangen
- ☐ 5 Eenzel- a 5 Teamsportarten kennen
- ☐ E Bericht iwwert ee grousst Sportevent maachen (z.B.: WM, EM, Olympesch Spiller)
- ☐ ………………………………………………………………………






- ☐ E Velo hunn an en an engem gudden Zoustand halen
- ☐ Velo fuere kënnen
- ☐ De Code de la route fir de Velofuerer kennen
- ☐ E Geschécklegkeetsparcours fueren
- ☐ Wëssen, wéi ee sech sécher equipéiert fir mam Velo ze fueren
- ☐ Deng Velospistë kennen
- ☐ Freihänneg um Velo fuere kënnen
- ☐ Wëssen, wéi een e Platte fléckt oder eng Ketten opleet
- ☐ Wëssen, wou deen nächste Velosbuttek ass
- ☐ Wëssen, wou a wéi ech mäi Velo ustrécken
- ☐ ………………………………………………………………………

## Virum a nom Sport

Virum Sport muss du deng Muskele virbereeden, dat heescht dech waarm maachen, fir dass du dech net verletz.

Nom Sport wiessel di naass geschweesste Kleeder, da gëtt dir net kal an drénk genuch Waasser.

Fir fit ze bleiwen, geet et net nëmmen duer Sport ze man, mee et ass och wichteg, sech richteg ze ernären.

Drénk vill Waasser an iess genuch Geméis an Uebst. Ze vill Zocker a Fett sinn net gutt fir däi Kierper.

## Gewässer

Op der Äerd fënns du verschidden Aarte vu Gewässer. Vun der klenger Quell bis zum Mier, an allen Gréissten a Formen, natierlech entstan oder vu Mënsche gebaut.

Als gudde Wëllefche passt du drop op, datt si erhale bleiwen an net verknaschten a respektéiers och déi aner Leit, déi sech dorun erfreeë wëllen.

Hues du ee gudde Maufel giess, da waart eng Stonn bis du an d'Waasser gees. Éier mir an d'Waasser ginn, maache mer eis propper. Éiers du dann an d'kaalt Waasser spré-ngs, kills de dech fir d´éischt of, fir datt s du dech un d'Temperatur gewinns.

## Sécherheet

Wa mir mam Velo fueren, solle mir fir eis eegen an awer och fir d'Sécherheet vun deenen anere suergen.

Do ëmmer en Helm un a pass op d'Autoen an d'Foussgänger op. Spëtz deng Ouren a maach d'Aen op a looss dech net duerch Kopfhörer oder Ähnleches oflenken.

Wann s du am Däischtere fiers, da maach d'Luuchten un dengem Velo un an do eng Sécherheetswest un, fir datt een dech gutt gesäit. Wann s du mat engem am Auto matfiers, da muss du dech ustrécken. A wann s du nach méi kleng bass wéi 1,50 Meter, da solls du dech nëmme mat engem Kannergurt ustrécken oder an engem Kannersëtz sëtzen.



## Schëlder / Code de la route

De Code de la route seet dir, wéi s du dech op der Strooss verhale solls.

Hei ginn et verschidde Schëlder, déi dir dobäi hëllefen ze wëssen, wat ze maachen ass.













# 15. Scoutstechniken

## Guide




- ☐ Engem Friemen de Wee erklären
- ☐ D´Wandrous kennen
- ☐ Signe-de-pistë kennen
- ☐ D´Regioune vum Land kennen
- ☐ D´Legend vun enger Kaart liese kënnen
- ☐ E Stadplang liese kënnen
- ☐ E Bus- oder Zuchplang liese kënnen
- ☐ Wëssen, wou en Dokter, eng Apdikt, d´Post, d´Police, de Busarrêt, de Bäcker, de Metzler oder de Supermarché an dengem Duerf sinn
- ☐ E Plang vun engem Wee, deen s du oft gees, auswenneg mole kënnen
- ☐ Wëssen, wéi een héiflech nom Wee freet
- ☐ ..........................................................................................



## Deng Stad / däin Duerf

Sou wéi de Mowgli a seng Frënn sech am Dschungel tipptopp auskennen, solls och du wëssen, wou verschidde Saachen an denger Stad oder dengem Duerf sinn.

**Dokter:**

L- Tel:

**Apdikt:**

L- Tel:

**Police:**

L- Tel:

**Post:**

L- Öffnungszäiten:

**Busarrêt / Gare:**

L-

**Bäcker :**

L- Öffnungszäiten:

**Metzler:**

L- Öffnungszäiten:

**Supermarché:**

L- Öffnungszäiten:

Hei kanns du e Wee opmolen, deen s du auswenneg wees,
z.B. vun dir doheem bis an de Scoutshome.

## Zuch- oder Busplang

Well een net iwwerall zu Fouss hikënnt, ass et wichteg, datt s du wees, wéi s du mam ëffentlechen Transport duerch d´Land oder eng Stad kënns. Dat ass och vill méi ëmweltfrëndlech, wéi wann s du ëmmer iwwerall mam Auto hi gefouert gëss.

## Aktuellen Zuchplang Busplang:
## Lëtzebuerg - Munneref

www.mobiliteit.lu

**177 Luxembourg - Mondorf - Erpeldange - Remich 177**

| N° des courses | 209 | 259 | 309 | 359 | 409 | 459 | 509 | 559 | 609 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Régime de circulation | ⚒ | Ⓐ | ⚒ | Ⓐ | ⚒ | ⚒ | ⚒ | ⚒ | ⚒ |
| Remarques | 1 | 1 | 1 | 1 | 1 | 1 | 1 | 1 | 1 |
| Exploitant | Vandiv | Vandiv | Vandiv | Vandiv | Vandiv | Vandiv | Vandiv | Vandiv | Vandiv |
| Luxembourg-Gare routière | 8.10 | 9.10 | 10.10 | 11.10 | 12.10 | 13.10 | 14.10 | 15.10 | 16.10 |
| Howald-Jhangeli | ▸8.13 | ▸9.13 | ▸10.13 | ▸11.13 | ▸12.13 | ▸13.13 | ▸14.13 | ▸15.13 | ▸16.13 |
| Hesperange-Am Keller | ▸8.16 | ▸9.16 | ▸10.16 | ▸11.16 | ▸12.16 | ▸13.16 | ▸14.16 | ▸15.16 | ▸16.16 |
| Hesperange-Urbengsschlass | ▸8.17 | ▸9.17 | ▸10.17 | ▸11.17 | ▸12.17 | ▸13.17 | ▸14.17 | ▸15.17 | ▸16.17 |
| Alzingen-Trapeneck | ▸8.18 | ▸9.18 | ▸10.18 | ▸11.18 | ▸12.18 | ▸13.18 | ▸14.18 | ▸15.18 | ▸16.18 |
| Weiler-Schlammestee | ▸8.23 | ▸9.23 | ▸10.23 | ▸11.23 | ▸12.23 | ▸13.23 | ▸14.23 | ▸15.23 | ▸16.23 |
| Frisange-Hau | 8.24 | 9.24 | 10.24 | 11.24 | 12.24 | 13.24 | 14.24 | 15.24 | 16.24 |
| Frisange-Op der Kräizong | 8.25 | 9.25 | 10.25 | 11.25 | 12.25 | 13.25 | 14.25 | 15.25 | 16.25 |
| Aspelt-Gare | 8.28 | 9.28 | 10.28 | 11.28 | 12.28 | 13.28 | 14.28 | 15.28 | 16.28 |
| Altwies-An der Kaz | 8.32 | 9.32 | 10.32 | 11.32 | 12.32 | 13.32 | 14.32 | 15.32 | 16.32 |
| Mondorf-Kleng Gare | 8.33 | 9.33 | 10.33 | 11.33 | 12.33 | 13.33 | 14.33 | 15.33 | 16.33 |
| Mondorf-Christophorus | 8.35 | 9.35 | 10.35 | 11.35 | 12.35 | 13.35 | 14.35 | 15.35 | 16.35 |
| Mondorf-Christophorus | 8.36 | 9.36 | 10.36 | 11.36 | 12.36 | 13.36 | 14.36 | 15.36 | 16.36 |
| Mondorf-Casino 2000 | 8.37 | 9.37 | 10.37 | 11.37 | 12.37 | 13.37 | 14.37 | 15.37 | 16.37 |
| Ellenger Gare | 8.39 | 9.39 | 10.39 | 11.39 | 12.39 | 13.39 | 14.39 | 15.39 | 16.39 |
| Ellange-Martialis | 8.40 | 9.40 | 10.40 | 11.40 | 12.40 | 13.40 | 14.40 | 15.40 | 16.40 |
| Erpeldange-Kräizgaass | 8.46 | 9.46 | 10.46 | 11.46 | 12.46 | 13.46 | 14.46 | 15.46 | 16.46 |
| Remich-Pl. Nico Klopp | 8.53 | 9.53 | 10.53 | 11.53 | 12.53 | 13.53 | 14.53 | 15.53 | 16.53 |

| N° des courses | 621 | 659 | 709 | 721 | 759 |
|---|---|---|---|---|---|
| Régime de circulation | Ⓐ | ⚒ | ⚒ | Ⓐ | ⚒ |
| Remarques | | 1 | 1 | | 1 |
| Exploitant | Vandiv | Vandiv | Vandiv | Vandiv | Vandiv |
| Luxembourg-Gare routière | 16.25 | 17.10 | 18.10 | 18.25 | 19.10 |
| Howald-Jhangeli | ▸16.28 | ▸17.13 | ▸18.13 | ▸18.28 | ▸19.13 |
| Hesperange-Am Keller | ▸16.31 | ▸17.16 | ▸18.16 | ▸18.31 | ▸19.16 |
| Hesperange-Urbengsschlass | ▸16.32 | ▸17.17 | ▸18.17 | ▸18.32 | ▸19.17 |
| Alzingen-Trapeneck | ▸16.33 | ▸17.18 | ▸18.18 | ▸18.33 | ▸19.18 |
| Weiler-Schlammestee | ▸16.38 | ▸17.23 | ▸18.23 | ▸18.38 | ▸19.23 |
| Frisange-Hau | 16.39 | 17.24 | 18.24 | 18.39 | 19.24 |
| Frisange-Op der Kräizong | 16.40 | 17.25 | 18.25 | 18.40 | 19.25 |
| Aspelt-Gare | 16.43 | 17.28 | 18.28 | 18.43 | 19.28 |
| Altwies-An der Kaz | 16.47 | 17.32 | 18.32 | 18.47 | 19.32 |
| Mondorf-Kleng Gare | 16.48 | 17.33 | 18.33 | 18.48 | 19.33 |
| Mondorf-Christophorus | 16.50 | 17.35 | 18.35 | 18.50 | 19.35 |
| Mondorf-Christophorus | 16.51 | 17.36 | 18.36 | 18.51 | 19.36 |
| Mondorf-Casino 2000 | 16.52 | 17.37 | 18.37 | 18.52 | 19.37 |
| Ellenger Gare | 16.54 | 17.39 | 18.39 | 18.54 | 19.39 |
| Ellange-Martialis | 16.55 | 17.40 | 18.40 | 18.55 | 19.40 |
| Erpeldange-Kräizgaass | 17.01 | 17.46 | 18.46 | 19.01 | 19.46 |
| Remich-Pl. Nico Klopp | 17.08 | 17.53 | 18.53 | 19.08 | 19.53 |

⚒ = lu - sa jours ouvrables Ⓐ = lu - ve jours ouvrables
1 = à Mondorf-Christophorus corresp. avec la ligne 185 vers Schengen

autres arrêts:

Bonnevoie-Hippodrome, Bonnevoie-Neufchâteau (LTB), Howald-Am Houwaldsbierg, Hesperange-Wollefsmillen, Alzingen-Hondsbréck, Weiler-Camping, Frisange-Ennescht Duerf, Aspelt-Am Grëndchen, Beckeschmillen, Mondorf-Bei der Douane, Mondorf-Stade John Grün, Emeringerhaff, Erpeldange-Scheierbierg



## Verhalen op der Strooss

Laanscht an op der Strooss passe mir op eis an op déi aner op (Autoen, Veloen, Foussgänger,...).

Jiddereen huet seng Plaz, dofir denk drun, datt s du den Trottoir an d´Zebrasträife benotze solls a kuck ëmmer gutt op keen Auto kënnt éiers du iwwer d´Strooss gees.
Ass keen Trottoir do, da gi mer op der lénkser Säit.

Am Grupp gi mer awer op der rietser Säit an der Indianer-schlaang, een hannert deem aneren.
Fir datt mir am Dag an an der Nuecht gutt gesi ginn, di mir eng Warnwest un. Wann et däischter ass, soll deen éischten an dee leschten eng rout Lut bei sech hunn.

## Signe-de-piste

D´Signe-de-piste sinn einfach Zeechen, meeschtens aus Naturmaterial wéi Bengelen oder Steng, déi dir Hiwäiser zu dengem Wee ginn. Si ginn op déi riets Säit vum Wee geluecht, esou datt jidderee se gutt gesäit an net an d´Mëtt vum Wee, well da kënnen aner Läit driwwer falen a se futti man.

Wann s du eng Signe-de-piste gesäis, pass gutt op, datt s du se net futti mëss, egal op se vun dengem oder engem anere Grupp ass.

*Ufank vun der Piste*




*An dës Richtung*




*Falsche Wee*




*Gefor*




*Et hënnert eppes um Wee*




*Waarden 2 Minutten*



*Noriicht an dës Richtung*







*Norricht verstoppt op 3 Meter*



*Sich an engem Emkrees vun 3 Meter*



*De Camp ass an dës Richtung*



*Drénkwaasser*



*Keen Drénkwaasser*



*Enn vun der Piste /*
*Ech sinn heem gangen*

## Kaarte liesen


Et gi verschidde Kaarten, wéi Stadpläng oder topographesch Kaarten. All Kaarte sinn an engem bestëmmte Moossstaf verklengert, op den topographesche Kaarten vu Lëtzebuerg ass dofir 1 cm 200 m a Wierklechkeet.
Fir ze üben dech op der Kaart erëmzefannen an en einfache Wee nozegoen, kanns du emol einfach e Plang vun dengem Duerf oder denger Stad benotzen.

En Trajet duerch de Bësch oder duerch d´Gewan ginn d´Scoute meeschtens mat den topographesche Kaarten. Heirop si Bëschweeër, Stroossen, Gemengegrenzen, Bëscher a Gewässer agezeechent. D´Legend erklärt dir, wéi wat duergestallt ass.

Dënn Linnen, d´Häichtelinnen, stellen duer, wéi den Héichtenënnerscheed ass.


Héi e puer Zeechen, déi s du op sou enger Kaart fanne kanns:

Bei der Buedemnotzung ënnerscheet een haaptsächlech zwësche Felder a Bëscher.







1/20.000 1 cm op der Kaart sinn 200 m a Wierklechkeet.
1 km a Wierklechkeet si 5 cm op der Kaart.




- D'Héichtelinnen (brong Stréchер) ginn der den Niveau vum Terrain un. Den Ofstand vun engem Stréch op deen aneren ass a Wierklechkeet 5 Héichte-Meter.



Wee

Fousswee

Strooss


Gewässer

Schinnen

Kiirch

## Lëtzebuerg

D´Land Lëtzebuerg erstreckt sech iwwert eng Fläch vun 2586,4 km² wou iwwer 630.000 Awunner liewen. Am Joer 963 huet de Grof Siegfried d´Stad Lëtzebuerg gegrënnt, déi bis haut nach d´Haaptstad vum Land ass.






Lëtzebuergesch ass d´Nationalsprooch, Däitsch a Franséisch ginn och offiziell gebraucht.

Lëtzebuerg ass e Groussherzogtum mat engem Grand-Duc an enger Grande-Duchesse.
Mir hunn 3 Nopeschlänner: Däitschland, Frankräich an d´Belge.

D´Land ass an 3 Regiounen, 12 Kantonen an ëm déi 100 Gemengen agedeelt.

## Europa

D´Welt ass a 5 Kontinenter agedeelt: Amerika, Afrika, Asien, Australien (Ozeanien) an Europa, Lëtzebuerg ass eent vun ongeféier 50 Länner an Europa. En Deel dovunner huet sech zesummegedoe fir d'Europäesch Unioun (EU) ze grënnen. Heizou gehéiere mëttlerweil 27 Länner. An der EU hunn sech 19 zur Wärungsunioun zesummegedoen, an hunn déi selwecht Währung, nämlech den Euro (€).

An der EU kann een tëschent de Länner iwwert d´Grenz goen, ouni speziell kontrolléiert ze ginn.


Europa huet insgesamt eng Fläch vu bal 10.000.000 km². Wees du wéi oft Lëtzebuerg dora passt?

Op der Kaart op där nächster Säit kanns du all d´Länner vun der EU faarweg molen.




## Orientatioun

Déi 4 Himmelsrichtungen
hëllefen dir, dech ze orientéieren:




**Norden**
**Osten**
**Süden**
**Westen**

D´Wandrous weist déi verschidden
Himmelsrichtungen un.


De Laf vun der Sonn hëlleft dir,
déi verschidde Richtungen ze erkennen.



Wëlls du et awer méi genee wëssen, da brauchs du ee Kompass.
Heirobber ass eng Nol, déi dir d´Richtung vum Norden weist, well sie vum magnéiteschen Nordpol vun der Äerd ugezu gëtt. Wann s du eng Richtung kenns, fënns du och déi aner.




Héi en einfache Kompass, deen s du selwer baue kanns.
Wanns du d´Spëtzt vun enger Bitznol iwwert e Magnéit reifs an dës Nool duerno op e Pabeier (z.B. op engem Fläschenstopp) an eng Schossel mat Waasser lees, weist d´Spëtzt der den Norden un.





# 15. Scoutstechniken




## Knëschler

- ☐ All d'Kniet aus dem Vademecum kennen a se applizéiere kënnen
- ☐ Gedold bei knifflegen Aarbechten hunn
- ☐ Eppes nëtzleches fir d'Meute oder den Home hirstellen
- ☐ Mat der Sixaine oder der Meute en neie Knuet léieren
- ☐ Eng Maquette mat all de Kniet déi s du kenns maachen
- ☐ Eng Maquette vum Home bauen (Fixfeier, Kichelcher, o. Ä.)
- ☐ Dat wichtegst Handwierksgeschir kennen a wëssen, wéi een dermat ëmgeet an et versuergt
- ☐ Hues du schon eppes erfonnt? Da bréng et mat (oder weis der Meute d´Pläng)!
- ☐ ....................................................................................

## Bastelen

Hei hues du Plaz fir deng eegen Basteluleedung opzeschreiwen.

## Handwierkskëscht

Als nëtzlech Hëllef fir deng Sixaine kënnt dir iech eng Handwierkskëscht zesummestellen.

Wat maache mir do dran?

- eng See
- eng Zaang
- en Hummer
- e Schrauwenzéier
- e Meter
- Neel a Schrauwen
- ...

Dës Këscht sollt dir ëmmer an der Rei halen.
Dir kënnt zesummen eng Bastel machen, eppes bauen oder ausschnëtzen, z.B. e Wollefskap oder en Déier aus dem Dschungel.



# 16. Aner Badger vun der WOSM déi s du mat denger Meute maache kanns

## Naturchallenge



Dëse Challenge ass a Kooperatioun mat WWF (World WideFund For Nature) entstanen. Et geet drëms als Scout en aktive Member vun der Weltgesellschaft ze sinn a méi iwwert d’Natur, d’Biodiversitéit an en nohaltege Liewensstil ze léieren. Hei entwéckels de bestëmmte Kompetenzen, déi der hëllefen en Ënnerscheed ze maachen a dech responsabel Vis-à-vis vun denger Ëmwelt ze behuelen.

## Plastic Challenge (Ocean Challenge)




Dëse Challenge ass en Kooperatioun mat der UN (Vereenten Natiounen) entstanen. Et geet drëms als Scout eng aktiv Roll an der Bekämpfung vum Plastik-Problem unzehuelen. Als Scout, solls du léieren, wat den Impakt vun dengem Plastikkonsum op d’Emwëlt ass a wat fir Problemer dëst fir d’Gesellschaft huet. Du solls probéieren, däi Konsum unzepassen an denger Famill an denge Frënn aner Méiglechkeeten ze weisen.



## Solarchallenge




Dëse Challenge ass en Kooperatioun mat Solafrika entstanen. Den Haaptfokus vun dësem Solarbadge läit op nohalteger Energie. Du solls hei verschiddene Méiglechkeete vun Energiequelle kënne léieren, sou haaptsächlech d’Sonn. Dëst Wësse solls du mat denge Frënn an denger Famill deelen an dech aktiv an der Gesellschaft asetzen, fir nohalteg Energiequelle responsabel ze notzen.

## 17. Feiler

Op dengem Wee als Wëllefche kanns du nom Tenderfoot am Versprieche weidergoen, d´Richtung weisen dir 3 Feiler.

Jee nodeem wat s du scho wees a kanns ginn et 3 verschidde Feiler déi s du iwwert deng riets Täsch vun der Uniform bitze kanns: de bronzenen, de sëlweren an de gëllene Feil.

Wann s du deen nächste Feil kriss, hëls du deen aneren erof, sou dass ëmmer nëmmen 1 op dengem Hiem ass. Wéiee Wëssen zu wéi engem Feil gehéiert, fënns du an dësem Vademecum ëmmer uewe riets am Eck.



### Bronze Feil

- ☐ ech wees, wat d´FNEL-Ofzeeche bedeit
- ☐ ech kennen d´Devise vun der FNEL
- ☐ ech kennen d´Heemecht.
- ☐ ech hunn de Sportlerbadge
- ☐ ech kennen déi wichtegst Gesondheets- an Hygiènesregelen
- ☐ ech wees, wouhin a wéi ech am Noutfall telefonéire muss
- ☐ ech kann de platte Knuet an déi einfach Schléng
- ☐ ech bastelen eppes Flottes a stellen et der Meute vir
- ☐ ech kennen d´Indianerschrëft an d´Signe de pisten
- ☐ ech kenne meng Stad oder mäin Duerf
- ☐ ech hëllefen doheem a kann eng Klengegkeet kachen
- ☐ ech kann e puer Lidder sangen
- ☐ ech maachen e flotte Reportage
- ☐ ech wees, wéi ech mäi Rucksak paken a wat ech mat an eng Versammlung huelen
- ☐ ech wees, wéi de Mowgli bei d´Wëllefcher komm ass

## Sëlwer Feil

- ☐ ech wees, wien de Scoutissem op der Welt an zu Lëtzebuerg gegrënnt huet
- ☐ ech kennen déi wichtegst Géigenden a Stied vum lëtzebuerger Land
- ☐ ech maachen mat menger Sixaine ee Geschécklegkeetsparcours
- ☐ ech kennen d'Aachterschléng
- ☐ ech ka kleng Wonnen a Nuesbludde behandelen
- ☐ ech kennen déi wichtegst Ëmweltschutzregelen
- ☐ ech leeë mat menger Sixaine eng Handwierkskëscht un a maachen eng Schnëtzübung / Bastel
- ☐ ech kennen déi wichtegst Verkéiersregelen
- ☐ ech kennen 3 Geheimschrëften
- ☐ ech kennen déi 4 Himmelsrichtungen a fanne mech op engem Plang erëm
- ☐ ech maache mat menger Sixaine eng B.A.
- ☐ ech sange mat menger Sixaine oder e puer Wëllef zesummen e Lidd
- ☐ ech schreiwen e Rapport fir an den Cahier de meute / d´Gruppenzeitung / de Scout
- ☐ ech stellen ee klenge Menü op, deen ech mat menger Sixaine kaachen
- ☐ ech kennen 2-3 Dschungelgeschichten a ka se erzielen



## Gëllene Feil

- ☐ ech kennen d'internationaalt Scoutszeechen a wees iwwert de Scoutissem an der Welt Bescheed
- ☐ ech wees, wat d'Europäesch Unioun ass
- ☐ ech kennen dräi Sportaarten an hir Regelen
- ☐ ech kennen déi wichtegst Verbänn
- ☐ ech wees, wat ee bei deenen heefegste Verletzunge mécht
- ☐ ech kennen d´Brellage an de Wiewerknuet
- ☐ ech wees, wéi een d'Wieder viraussoe kann
- ☐ ech kann ee Feier maachen
- ☐ ech kann ee Message a Morse schreiwen an en entzifferen
- ☐ ech erkläre menger Sixaine déi wichtegst Naturschutzregelen
- ☐ ech preparéieren en Trajet fir meng Sixaine an zeechnen de Wee op enger Kaart an
- ☐ ech kennen e puer ONGDen an hir Projeten a maache mer Gedanken, wéi ee se ënnerstëtze kann
- ☐ ech spille mat menger Sixaine e Sketch op enger Veillée
- ☐ ech beschäftege mech mat engem Thema a stellen et der Meute vir
- ☐ ech kann eng Versammlung iwwert eng friem Kultur halen an der Meute dës Kultur virstellen
- ☐ ech wees, wéi de Mowgli de Shere-Khan vum Roots fiels verdriwwen huet

## 18. Leaping Wolf



De Leaping Wolf ass eng besonnesch Auszeechnung, déi s du nëmmen um Pow-Wow kriss. E Wëllefchen, deen de Leaping Wolf verdéngt huet, huet sech an der Meute als gudde Wëllefchen bewisen a Verantwortung fir déi aner Wëllefcher iwwerholl.

Fir dëse Badge ze kréien, brauchs du de gëllene Feil, 5 Badger an däi Chef muss dech als Leaping Wolf unerkennen. De Leaping Wolf ersetzt op der Uniform de gëllene Feil iwwert der rietser Täsch a gëtt bei de Scouten duerch d´Zweet Klass ersat.



## 19. Tiger, Tiger



De Mowgli huet also d'Wëllef verlooss an ass bei d'Mënschen an d´Duerf gaangen. Hien ass vum Messua opgeholl ginn. Dat war eng Fra, déi an him hire Jong Nathoo, deen ongeféier virun 10 Joer verschwonnen war, erkannt huet. De klenge Mann huet sech u säin neit d'Liewen gewinnt an

ugefaangen, en Trapp mat Büffelen, deem säi Chef Rama geheescht huet, ze hidden.

Enges Owes warnt de Groen, dem Mowgli säi Wollefs-brudder, hien, datt de Shere-Kahn nees zeréck ass. Hie schléift an der Schlucht beim Floss, nodeems e gutt giess a gedronk huet.

Mat der Hëllef vum Akela huet de Groen den Trapp Büffelen an zwou Gruppe gespléckt. Sou hunn déi 3 Frënn de Shere-Kahn ëmkreest an den Tiger war tëschent de Büffele gefaang, sou datt hie schlussendlech doutgetrampelt gouf.

De Buldeo, de Jeeër aus dem Duerf, wollt dem Shere-Kahn säi Pelz hunn, mä den Akela huet him soulaang Angscht gemaach, bis hie fortgelaf ass. Am Duerf huet hie Geschichten iwwert d'Zauberei an d´Däiwelskonscht vum Mowgli verzielt.

Wéi de Mowgli an d´Duerf zeréck koum, ass hie verdriwwe ginn. Hien ass zeréck bei d'Wëllef gaangen an huet dem Shere-Khan säi Pelz um Rootsfiels ausgebreet.

Duerno huet de Mowgli nach vill Joeren am Dschungel gelieft, bis hie fir ëmmer zeréck bei d'Mënsche gaangen ass a sech bestuet huet.



## 20. Meng Progressioun

| | Datum | Ënnerschrëft Chef | meng Ënnerschrëft |
|---|---|---|---|
| Tenderfoot | | | |
| Bronze Feil | | | |
| Sëlwer Feil | | | |
| Gëllene Feil | | | |

## 21. Meng Badger

| Badger | Datum | Ënnerschrëft Chef | meng Ënnerschrëft |
|---|---|---|---|
| Handkes-selchen | | | |
| [1] Joker Badger | | | |
| [2] Eischt Hëllef | | | |
| [3] Naturfrënd | | | |
| [4] Survival | | | |
| [5] Kachen | | | |

## 21. Meng Badger

| Badger | Datum | Ënnerschrëft Chef | meng Ënnerschrëft |
|---|---|---|---|
| [6] Interna-tional | | | |
| [7] Fair Spiller | | | |
| [8] Kënschtler | | | |
| [9] Animateur | | | |
| [10] Reporter<br>[11] Sammler | | | |
| [12] Sportler | | | |
| [13] Guide | | | |
| [14] Knécheler | | | |



## 22. Meng Montée:

Datum: ____________ Wou: ____________________

Rapport & extra Momenter:

## 23. Meng Camp'en:

Datum: ______________ Wou: ______________________

Rapport & extra Momenter:



## 24. Rapport & extra Momenter:

Datum: ______________ Wou: ______________________

## 25. Scouten a Guiden

Du bass elo gläich am Alter, fir d'Montée an d'Scouten a Guiden ze maachen. Grad esou wéi dem Mowgli seng Léierzäit am Dschungel, ass och deng bei de Wëllefcher eriwwer.

Du kanns en neie Schrëtt op dengem Scoutswee goen an dengem Chef hëllefen, déi nei Wëllefcher duerch den Dschungel ze féieren.

**Vergiess net:**
déi jonk Wëllefcher hu vun elo uns d'Aen op dech geriicht. Weis hinnen e gudde Wee.

